



d'Leit sech an esou Situatiounen befannen, datt se hirem Liewe wëllen en Enn setzen.

Mir hunn en Accord-cadre, Dir wësst et, deen iwwert de Mobbing, zwëschen dem OGB-L, dem LCGB an de Patronen, deen u sech de Mobbing relativ gutt definéiert. Mir hunn am Secteur public zu Lëtzebuerg am Statut, dat wësst Der och, souwuel eng Definitioum vum Mobbing, ee Verbuet vu Mobbing sexuel, moral, Harcèlement sexuel, Harcèlement moral, wéi och Prozeduren, wéi do ze reagéieren ass. Mä mir hunn awer zu Lëtzebuerg kee gesetzleche Kader fir de Mobbing am Privatsektor. An et wier wierklech dréngend, datt dee gesetzleche Kader géif geschafte ginn.

Eng weider Proposition ass déi vun de Personalvertrieeder an de Betriber, sief et Personalvertrieeder, sief et Délégués à la santé-sécurité, déi onbedéngt Formatiounen brauchen. Et ass och falsch, fir ze mengen, wann een een am Betrib hätt, dee sech ëm déi Problematik bekëmmert, da wier de Problem geléist. Dat ass falsch! Et kann een d'Problematik net delegéieren un eng Persoun. Et muss en allgemengt Bewosstsinn an de Betriber sinn, eng allgemeng Formatioun do sinn op allen Ebenen, fir sech der Problematik unzehuelen. Dat heescht awer net, datt d'Formatioun vun eenzelne Leit, zum Beispill vun de Personalvertrieeder, net immens wichteg ass.

An do ass et och eng gewëssen Angscht, datt déi Spuermoossnamen, déi d'Regierung wëlls huet am Beräich vun der Subventioun fir d'Betriber fir d'Formatioun, a leschter Instanz dozou féieren, datt d'Betriber an Zukunft manner investéieren an d'Formatioun oder mindestens selwer wëllen decidéieren, a wat se investéieren, datt déi Formatiounen, déi nach gemaach ginn, grad déi sinn, déi dem Betrib direkt, produktivstesch eppes solle bréngen, an datt esou Saache wéi déi do och an de Plans individuels de formation, de Plans personnels de formation ewechfalen.

An dann e leschte Punkt, op deen ech wëll hiweisen, datt ass deen, datt et wierklech och Zäit géif ginn, fir am éffentleche Sektor ze klären, wien dann elo zoustänneg ass fir d'Employés privés, déi bei de Gemengen, beim Stat schaffen. An dat stëmmt och, wat d'ITM ugeet, mä och, wat d'Santé au travail ugeet, wou dat eng relativ Onkloerheet ass an en Hin an Hier ass, wie sech ëm déi Leit bekëmmert - bei der ITM ass et bis haut nach ëmmer keen -, an déi Fro misst och gekläert ginn.

Ofschléissend wëll ech also soen, datt mer frou wieren, wann an deene sechs Achsen, déi am Plang hei ugedeit sinn, wou geschafft gëtt, wann do soit eng spezifesch Achs iwwert d'Aarbechtswelt kéint derbäikommen, wou déi Propositionen do géifen diskutéiert ginn an och hoffentlech kéinte festgehalen ginn, soit, datt et eng transversal Problematik wier - d'Aarbechtswelt duerch déi sechs Achsen -, déi dann awer spezifesch misst berücksichtegt ginn.

A mir hoffen och, datt, wat d'Ressourcen ugeet, d'Finanzen haaptsächlech, well et ass geschwat ginn, datt op ganz ville Plaze muss ausgebaut ginn... Ech wëll lech just nach ee Beispill ginn, dat ass: Och d'Chambre des Salariés, déi hei schonn e puermol zitéiert ginn ass, huet eng Stressberodung, déi souwuel preventiv schafft, mä awer och individuell schafft. Déi kann déi Aarbecht net maachen, déi se am Fong geholl wëllt maachen a misst maachen, well se net genuch Ressourcen huet!

Also, mir müssen op villen Ebene Ressourcë stäerken. A wann dat verlaangt, datt de Budget méi héich misst sinn, dee virgesinn ass, hoffe mer, datt d'Regierung och déi Décisioun hält oder der Chamber proposéiert, fir dann déi Suen auszeginn, déi ee misst ausginn, fir dat ze maachen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Turpel. An d'Wuert huet elo d'Gesondheitsministesch, fir op d'Suggestiounen ze reagéieren. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, Dir verzeit mer elo, wann ech net op all eenzel Suggestioun a Reflexioun, déi haut hei gemaach ginn ass, kann agoen. Mä ech hu mer awer ganz vill Notize gemaach an ech hu mer der och e puer matbruecht vun deenen, déi douewe sëtzen a sech och Notize gemaach hunn. A mir wäerten op alle Fall all déi vill gutt Suggestiounen mat op de Wee huelen.

Mir huet et immens vill Freed gemaach, dass als Éischt emol d'Iddi vun engem nationale Suicidepreventiounsprogramm iwwerall, bei allen,

déi hei an der Chamber vertruede sinn, ganz gutt ukomm ass. An ech mengen och, dass kee Wee derlaanschtféiert.

Wat mer och Freed gemaach huet, dat ass, dass mer konnte konstruktiv matenee schwätzen, dass déi Proposen, déi hei gemaach gi sinn, alleguerte geleet ware vun enger Verbesserung vun der Situatioun, wéi mer se hei zu Lëtzebuerg hunn, och wa mer am internationale Verglach net esou schlecht dostinn. Mä, wéi et hei vu ville vun lech gesot ginn ass, all eenzelne Mënsch, dee mer verléieren a wou mer awer am Hannerkapp ëmmer eis soen, mir hätten e vläicht kënne retten, ass et derwäert, dass mer eis déi Gedanken haut doriwwer maachen.

Dat Eenzezt, wat net richtig war, dat ass, dass mer hei in extremis deen Débat ugefrot hätten. Am Contraire, ech hat dee schonn de 7. Juli ugefrot, an ech hat och d'Chamberskommission schonn am Mee driwwer informéiert, dass deen Débat géif ugefrot ginn. An d'Tat saach, dass muer eis national Gesondheitskonferenz ass, op déi ech lech alleguerte ganz häerzlech wëll invitéieren, wou ënner anerem och de Suicide um Ordre du jour steet, ass ganz einfach eng Coincidence. An ech wollt dem Chamberspräsident Merci soen, dass hie mer et erméiglecht huet, dass ech deen Débat virdru konnt hei an der Chamber féieren. Well vläicht kënne schonn déi eng oder aner Suggestiounen, déi haut hei artikuléiert gi sinn, muer och an d'Diskussioun mat afléissen. Dofir sinn ech wierklech, wierklech dankbar!

Ech denken och, dass et richtig war, fir hei eng ganz breet Consultationsphas ze maachen, déi vläicht och e bësse méi laang gedauert huet. Dat war awer wierklech derwäert, dass wierklech hei sechs Ministären zesumme geschafft hunn, dass mer Eescht gemaach hu mat deem, wat och dës Regierung ëmmer erëm ukënnegt: dass mer wëllen interministériell zesummeschaffen. An ech mengen, hei waren ënnert mengem Virgänger wierklech déi richtig Jalone geluecht gi fir dësen nationale Plan suicide. Dat schéngt mer also ganz wichtig ze sinn. An net nëmme déi sechs Ministären hu gutt zesumme geschafft, mä mat allen Acteuren um Terrain ass geschafft ginn. An hinne wëll ech och e ganz grouse Merci soen!

Da kann ech och direkt eng kleng Remarque zum Budget maachen. Natierlech, wa mer hei vu plus ou moins enger Millioun op enger Lafdauer vun dräi, véier Joer schwätzen, da muss mer dat natierlech nach am Detail opstellen. Dat ass kee Budget, deen Der herno exklusiv wäert am Ministère de la Santé begéien. Do wäerte mer eis dann och opdeelen ënner Ministären. Et sinn och 1,25 ETPen, Psychologe virgesinn an deenen nächste Joren, wou mer souwuel de Centre d'intervention et de prévention wëlle stärke wéi och den SOS Détresse, deen hei e puermol genannt ginn ass an deen ënnert der Tutelle vum Ministère de la Famille ass.

Dat sinn also Diskussiounen, déi nach ze féiere sinn, a mir wollten awer och déi Diskussiounen en connaissance de cause féieren an de Plang fir d'Éischt definitiv op de Pabeier bréngen an dann déi Consultatiounen tëscht de Ministären, déi alleguerten um Terrain matgeschafft hunn, fir déi dann ze maachen.

Ech gräifen dat och op, wat ënner anerem d'Madame Andrich gesot huet, dass et wierklech wichteg ass, fir kloer Indicateuren ze hunn a propper Datebanken opzustellen. Mir schaffe jo dorunner, fir en Observatoire national de la santé ze kreéieren. En attendant probéiere mer natierlech, déi Datebanke schonn unzeleeën oder ze compléetieren, do wou se schonn do sinn. Ech gräifen och déi Proposen hei op. Zum Deel si se och schonn en place mat eise Centre-de-recherchen, virun allem dem CRP-Santé, wou scho wichteg Donnéeën do sinn. Awer och déi proposéiert Zesummenaarbecht mat der Universitéit Lëtzebuerg wëlle mer opgräifen, fir déi Datebanken opzustellen.

Ech deelen och d'Meenung vun all deenen, déi soen, dass et wichteg ass, déi eenzel Strukturen, déi mer schonn hunn, ënnereneen nach besser ze vernetzen a virun allem d'Koordinatioun um Terrain ze verbessern. Déi therapeutesch Ketten, vun där Dir och geschwat hutt, Madame Andrich, dat ass wierklech ganz wichtig, an zwou vu sechs Achsen dréien nëmme ëm déi dote Punkten. An dat ass a mengen Aen och ee vun de wichtigste Voiete vun dësem Plan national.

Et ass och hei gesot ginn, dass déi eenzel Risikogruppen, zu deenen zum Beispill déi depressiv Mënsche gehéieren, dass déi propper encadréiert misste ginn an dass et heiansdo wierklech wuertwärtlech eng Fro vu Liewen an Doud wier, fir déi richtig Symptomer an déi éischt Signaler uerdentlech kënne ze interpretéieren. Dat ass och eng Remarque, déi vun der Madame Hemmen gemaach ginn ass, och am Zesummenhang mat enger fréier Preventioun,

déi mer mussen maachen, och am Zesummenhang mat der Formatioun, op déi si insistéiert huet.

A virun allem och wëll ech dat ervirsträichen, wat si développéiert huet am Zesummenhang mat de Kanner, mat deene ganz Jonken. An et huet mech wierklech betraff gemaach, wéi si hei déi Reflexioun gefouert huet, déi si op eng Etüd baséiert huet, dass Kanner heiansdo bis op zéng verschidde Plazen uklappen a Signaler ginn, bis een hinnen iwwerhaapt uerdentlech nolauschtert! Dat huet mech wierklech betraff gemaach an, ech mengen, dat trifft et och ganz gutt, dass mer heiansdo net nëmme als Elteren, mä och als déi um Terrain, an de Spideeler, oder d'Dokteren oder d'Leierpersonal, dass mer wierklech déi Signaler mussen héieren, déi d'Kanner eis mat op de Wee ginn.

A ganz eescht huele mer och déi Reflexiounen vun der Madame Hemmen iwwert de Cybermobbing. Ech denken, dat ass eng wichteg Reflexioun, déi nëmme usazweis diskutéiert ginn ass, mä déi, mengen ech, awer méi ee grouse Stellwäert soll hunn.

Den Här Bauler huet och ganz recht, wou en dovunner geschwat huet, dass et wichteg ass, fir opzehalen ze stigmatiséieren. Doranner si mer als Gesellschaft ganz gutt a mir wëssen net ëmmer, wat mer domadder uriichten, a mir sollten eis wierklech net genéieren, fir an alle Liewenslagen, vu kleng Kanner un, de Mënschen d'Wäertschätzung mat op de Wee ze ginn, déi mir hinnen als Mënschen zoumoossen. Ech denken, dass dat ganz wichteg ass, an ech hunn dat ganz flott fonnt, déi Aart a Weis, wéi hien dat hei gesot huet.

Och déi Reflexiounen, déi hien eis ginn huet, fir méi cibléiert bei Risikogruppe virzegoen. Dat gräift jo dat op, wat ech och éinescht gesot hunn am Zesummenhang mat den Ausféierung vum ënner anerem der Madame Andrich iwwert d'Depressiounen an och d'Erweiterung vun dem Plang mat konkreten Aktiounen, wat eis wierklech um Häerz läit.

E puer vun lech hunn och hei d'Situatioun op der Aarbechtsplaz opgegraff an déi Etüd, déi gemaach ginn ass am Zesummenhang mat de Salariéen a wéi wierklech och Stress op der Aarbechtsplaz oder Mobbing oder och schwiereng Situatiounen mat den Aarbechtskollege kënnen dozou féieren, dass een an eng vun deene Risikogruppe kënnt. Ech wëll net elo déi eenzel Achsen nach eng kéier hei oplëschen, well der vill vun lech déi genannt hunn.

Gutt a wichteg hunn ech och déi Iddi fonnt - dat huet ënner anerem den Här Bauler gesot, awer ech mengen, et ass och vun aneren nach gesot ginn -, dass mer solle probéieren, 24 Stonnen op 24 wierklech eng Ulaftell iwwer Telefon ze bidden. Ech mengen, ënner anerem d'Madame Lorsché hat och dorop higewisen.

Am Moment fonctionnéiert den Telefon vun SOS Détresse vun 3 Auer mëttes bis 11 Auer owes an der Woch, an iwwert d'ganz Nuecht bis 7 Auer moies de Weekend. Mä, ech mengen, wann eng Persoun en détresse ass, dann dierf et net dovunner ofhängeg sinn, ob déi Détresse eben de Weekend méi an Erscheinung trëtt oder an der Woch. Dat hunn ech mer wierklech opgeschriwwen an dat huelen ech och ganz eescht.

D'Roll vun de Medie war ee vun de Voieten, op deen d'Madame Lorsché agaangen ass. Ganz wichteg huele mer och den Ausbau vun der primärer Berodung, d'Roll vun den Elteren, och déi Interferenzen tëscht Suchtverhalten a Suicide. An dann och ee Volet, op dee si am Besseren agaangen ass, dat ass d'Médecine scolaire, bei der Konfliktbewältigung vläicht och hei d'Iddi vun enger Charte fir d'Suicidepreventioun, an och deen Akzent, dee si geluecht huet op den Harcèlement moral. All déi Piste sinn ugeduecht, mä, ech mengen, mir si jo haut dofir do, fir vläicht nach eng dropzeleeën oder fir eng Rei vun Aktiounen nach weider auszubauen, an dofir ware mer ganz dankbar.

Bon, den Här Kartheiser huet hei eng Rei vu familiäresch Reflexiounen gemaach. D'Famill huet natierlech e wichtige Stellwäert an der Suicidepreventioun. Ech wëll ënner anerem dem Här Kartheiser d'Informatioun ginn, dass mer deen Treffpunkt, also dee Centre de consultation, wou déi gescheeten Eltere kënnen higoen, wann een Elterendeel d'Garde vun de Kanner net huet, dass dee mat consultéiert ginn ass bei enger vun deenen Achsen, déi mer definéiert hunn, an dass och verschidden Aktiounen, déi mer ganz prezis mat op de Wee ginn hunn, an Zesummenaarbecht mat ebe grad deenen, déi an deene Beräicher schaffen, konnte geschéien.

Dir hutt och Reflexiounen gemaach iwwer: Wat ass d'Fräiheet vum Mënsch? Do komme mer an e ganz philosophesche Beräich. Mä dat sinn natierlech Reflexiounen, déi mir eis och gemaach hunn an déi zum Deel och an eis Aktiounen mat eragefloss sinn. Mä dat sinn natier-

lech och ëmmer verschidden Ausrichtungen, jee nodeem, aus wéi enger Perspektiv een et kuckt.

Den Här Turpel huet hei a mengen Ae ganz interessant Reflexiounen gemaach am Zesummenhang mat nationale Koordinatiounsmechanismen, fir d'Aarbechtsmedezin ze stäerken. Dat schéngt mer ganz wichteg ze sinn, net nëmme am Beräich vun der Preventioun, mä och vun der Formatioun. Bon, d'Formatioun méi spezifesch vun de Personalvertrieeder ass schonn eng vun deenen Aktiounen, déi mer virgesinn hunn. Mä mir huelen och déi aner Reflexiounen mat op de Wee.

An ech géif dann ofschléisse mat enger Remarque, déi Dir gemaach hutt, Här Turpel, fir nämlech allen Acteuren e Merci ze soen, net nëmme deenen, déi um Terrain schaffen, mä déi virun allem hir wäertvoll Experienz an hiren Know-how mat an eise Plan national suicide afléisse gelooss hunn.

Ech mengen, ech war kuerz genuch, Här President, an domadder géif ech nach eng kéier Merci soe fir deen interessanten Débat, dee mer haut konnte féieren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Gesondheitsministesch.

A mir géifen dann zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen. Ech wollt lech awer, ier ech dem Rapporteur d'Wuert ginn, just nach zwou Informatiounen ginn.

10. 6738 - Proposition de loi portant organisation d'un référendum national sur différentes questions en relation avec l'élaboration d'une nouvelle Constitution

Déclaration de recevabilité

Fir d'Éischt: Iwwer Lettre circulaire huet sech d'Präsidentekonferenz haut de Mëtteg fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6738 iwwert d'Organisatioun vun engem Referendum iwwer verschidde Froen am Zesummenhang mam Ausschaffe vun enger neier Constitutionioun ausgeschwat. Déi Proposition de loi gouf an der Sëtzung vun haut vum Här Alex Bodry a sengem eegenen Numm an am Numm vum Här Eugène Berger a vun der Madame Viviane Loschetter deponéiert.

Ass d'Chamber bereet, sech der Positioun vun der Präsidentekonferenz unzeschléissen?

(Assentiment)

Da soen ech Merci.

(La proposition de loi n°6738 est renvoyée à la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle.)

11. Changements de composition de commissions parlementaires (suite)

An ech wollt lech just nach matdeelen, dass eng weider Emännerung komm ass, wat d'Zesummesetzung vun der Kulturkommission ugeet. Do ersetzt den Här Laurent Zeimet elo definitiv den Här Marc Lies.

Ass d'Chamber do dermat d'accord?

(Assentiment)

Dat ass de Fall. Dann ass dat esou decidéiert. Den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 6680 iwwert den automatischen Informatiounsautausch am Steuerberäich. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

12. 6680 - Projet de loi prévoyant la procédure applicable à l'échange de renseignements sur demande en matière fiscale et modifiant la loi du 31 mars 2010 portant approbation des conventions fiscales et prévoyant la procédure y applicable en matière d'échange de renseignements sur demande

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut de Mëtteg presentéieren ech lech de Rapport iwwert de Projet de loi zu deem vill diskutéierten Informatiounsautausch. Dëse Gesetzesprojet ass den 10. Abrëll 2014 vum Finanzminister déposéiert ginn. D'Chambre des Salariés huet den Text den 3. Juni analyséiert, an d'Chambre de Commerce huet hiren Avis de 16. Juni uge-



holl. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Avis den 3. Juli geholl, an d'Chambre des Métiers huet de proposéierte Gesetzestext den 1. August analyséiert. De 7. Oktober huet dunn de Statsrot säin Avis finaliséiert.

An der Sëtzung vun der Finanz- a Budgetskommissioun vum 14. Oktober gouf ech zum Rapporteur vun dësem Gesetzesprojekt genannt. D'Kommissioun huet sech mam Gesetzesprojekt a mam Avis vum Statsrot de 14. a 16. Oktober beschäftegt, ier den 21. Oktober de Rapport majoritär ugeholl ginn ass. Den Avis vum Conseil de l'ordre vun den Affekoten ass no der Adoptioun vum Rapport erakomm. De Projet ass dunn och nach den 3. November, dat heescht gëschter, an der Kommissioun a Präsenz vum Finanz- a vum Justizminister beschwat ginn.

Här President, de Gesetzesprojekt vun haut de Mëtteg ass eng Äntwert op verschidde Kritikpunkten, déi de Forum mondial un eist Land geriicht huet. An deem sengem Rapport, deen den Titel „Transparence fiscale 2013: Rapport de progrès“ dréit an den 22. November vum vergaangene Joer publizéiert gouf, krut Lëtzebuerg keng gutt Zensur ausgestellt.

Ier ech awer elo op d'Konklusioun vum dëser Analys ze schwätze kommen, wëllt ech gärten e bësse méi genau op hire Contenu agoen. De Forum mondial huet zum Zil, déi international Steuerhannerzéiung ze reduzéieren.

Dëst ass en Zil, dat eist Land mat zwou Hänn ënnerschreiwe kann. Esou huet de Finanzminister leschte Mëttwoch, zesumme mat all deenen aneren OECD-Länner, zu Berlin en internationale Standard ënnerschriwwen, fir esou illegal Praktiken ze ënnerbannen. Ab 2017 wäert Lëtzebuerg den Informationsaustausch no dësem neie Standard ausféieren. Wann d'Informatiounen iwwert d'Steierzuelungen tëscht de Länner op eng kloer Aart a Weis gedeelt ginn, dann ass dat e wichteg Schrëtt, fir d'Steierhannerzéiung ze verhënneren.

D'Finanz- a Budgetskommissioun gesäit dat iwwregens net anescht. An dësem Zesammenhang ass de Regierungsprogramm net manner kloer. Ech zitieren: «...en matière de transparence et d'échanges de renseignements à des fins fiscales, le Gouvernement participera activement aux travaux dans le cadre de l'Union européenne et à l'OCDE visant à développer le standard international en cette matière, mais toute extension du champ d'application de l'échange automatique d'informations devra se faire dans des modalités et selon un calendrier assurant au secteur financier sa stabilité et sa compétitivité internationale. Le Gouvernement insistera sur le besoin d'adoption de normes homogènes par toutes les grandes places financières dans quel cas le Luxembourg ne s'opposera pas à une extension du champ d'application de l'échange automatique d'informations.»

Wéi scho méi oft gesot gouf, wann alleguer d'Länner sech eens géife ginn, wéi eng a wéi d'Informatiounen a Steierfroer gedeelt solle ginn, dann huet Lëtzebuerg kee Problem domadder, bei esou engem System matzemaachen. An deem Fall gëtt et eng gemeinsam Basis, un déi jiddweree sech hält. Et gëtt also eng fair Konkurrenz, ouni dass deen een oder deen anere sech en onfaire Virdeel verschafe kéint.

Well et an der Vergaangenheet awer ëmmer erëm Länner goufen, déi net mat op dese Wee goe wollten, waren d'Verhandlungen net einfach. Elo, wou dann awer eng gemeinsam Basis déi lescht Woch zu Berlin fonnt ginn ass, sinn d'Konditiounen, déi eis Regierung gestallt hat, erfüllt. An deem Sënn diskutéiere mer haut op dëser Plaz driwwer, fir bei dësem Informationsaustausch no klore Regele matzemaachen.

Fir awer elo op eis schlecht Zensur zrëckzekommen: D'Experte vum Forum mondial hunn analyséiert, awéiwäit eise juristesche Kader mat den internationalen Normen iwwerenanerstëmmt an och wéi den Informationsaustausch praktesch ofleeft; dëst ëmmer am Fall, wou esou Renseignementer ugefrot goufen. D'Gesamtnote, déi Lëtzebuerg krut, ass déi vum „non conforme“.

Méi spezifesch goufe véier Beräicher festgehalen, an deenen eist Land nach Efforte maache muss: éischters, d'Aart a Weis, wéi déi Lëtzebuerger Autoritéiten iwwer Informatiounen verfügen, dat iwwert d'Propriétéit vun de Finanzproduiten, op deenen den Informationsaustausch zoutréfft, geet der OCDE no net wäit genuch.

Et gëtt och gesot, dass eis Autoritéiten net genuch Accès op déi néideg Informatiounen hätten. Zwar wieren déi richteg Mechanismen hei en place, mä si géifen net ëmmer esou applizéiert ginn, wéi dat geduecht wier.

An drëttens, de Rapport kënnt och nach zu der Konklusioun, dass eis Mechanismen et

net ëmmer erlabe géifen, en effikassen Informationsaustausch ze garantéieren.

En fin de compte géifen eis Mechanismen d'Rechter vun de Steierzueler a vun Drëtten net ëmmer genuch respektéieren.

De Forum mondial huet also eng Rei Kriticken un onsem Land formuléiert. Kriticken, op déi dëse Gesetzesprojekt eng Äntwert gëtt. Dëst ass wichteg, fir dass Lëtzebuerg säi gudden internationalen Image weider konsolidéiere kann.

Et geet hei ëm eis Finanzplaz. Et muss sécher gestallt ginn, datt mer „fully compliant“ sinn, an et doduerch méiglech maachen, datt eise Finanzsektor bei gréisseren Transaktiounen, déi vun internationalen Institutiounen gemaach ginn, mat a Betracht gezu gëtt, wat haut ënner d'är bestehender Législatioun net méi méiglech ass. Ech denken do un d'BEL oder den Europäeschen Investmentfond, fir nëmmen déi zwee ze nennen.

Här President, an der Vergaangenheet ass Lëtzebuerg an dësem Domän schonn tätég ginn. Esou hu mer mam Gesetz vum 31. Mäerz 2010 verschidden Adaptatiounen un den interne Prozedure bei de Finanzadministratiounen gemaach, fir den Informationsaustausch ze vereinfachen.

Mir hunn an de leschte Joren a Méint e puer Gesetzer an dësem Domän ugeholl. Haut kënnt e weidere Schrëtt an dës Richtung derbäi. Mir verstinn d'Kritikpunkte vum Forum mondial an huelen duerfir déi néideg juristesche Ännerunge vir, fir mat den internationale Standarde konform ze ginn. Déi technesch Ëmsetzung sinn am schrëftleche Rapport nozeliesen.

Mir hu scho länger eng staark Finanzplaz. An dëse Projet wäert säint derzou bäidroen, dass dat och an der Zukunft esou bleift. Lëtzebuerg bleift weiderhin e Centre d'excellence an de Finanzen.

Dës Regierung geet oppe mat dësem Thema ëm, wat net ëmmer einfach, mä couragéis a richteg ass. D'Regierung huet d'Heft an d'Hand geholl, fir sech selwer géint esou munche schlecht gemengte Virworf u Lëtzebuerg ze wieren.

Dës proaktiv Approche weist, dass Lëtzebuerg en Acteur op der Finanzlandkaart ass, deen op Transparenz setzt, bei sech selwer wéi och bei deenen aneren. Als Rapporteur vun dësem Gesetzesprojekt kann ech esou eng Approche nëmme wëllkomm heeschen, an u sech misste mer eis alleguerten heibannen eens sinn.

Ier ech zum Schluss kommen, wëll ech awer nach en technesch Commentaire maachen. Als Rapporteur vu Gesetzesprojekten zum Thema, déi mir an deene leschte Méint op dëser Plaz duergéhe hunn, weess ech, dass et ëmmer erëm Diskussiounen gouf, wéi déi genee Procédure vun esou engem Informationsaustausch am Gesetz festgehal gi soll.

Bis elo war et esou, dass op d'Artikelen 2 bis 6 vum Gesetz vum 31. Mäerz 2010 verwise gouf. Elo ass virgesinn, fir dës Procédure an engem eegenen a eenzege Gesetz ze verankeren, wat dëse Volet vum Austausch méi iwwersiichtlech mécht. Dësen Text concernéiert all d'Demanden, souguer ënner Konventiounen, déi net ënnert dem OECD-Modell lafen.

De Conseil d'État huet a sengem Avis e puer Recommandatiounen gemaach, déi zum groussen Deel vun der Finanzkommissioun ugeholl gi sinn. Esou ass ënner anerem enger Opposition formelle Rechnung gedroe ginn am Artikel 3 Paragraph 5, fir der zoustänneger Verwaltung net méi Rechter bei enger Demande ze ginn, wéi se elo intern huet.

Des Weideren ass den Artikel 6 vum Projet de loi gestrach ginn, well de Libellé eigentlech déi genau Transpositioun vum Artikel 26 Paragraph 3 Alinéa C vun dem OCDE-Modell iwwerhëlt, wat de Respect vum Secret professionnel betrëfft. Dee Respekt ass der Kommissioun wichteg gewiescht. Dat heescht, en ass wichteg gewiescht, mä mir kënnen ouni Problem eis op deen Artikel 26 beruffen.

Zu der Fro vum Recours, déi virdru scho gestallt ginn ass an déi herno nach wäert zu munchen Diskussiounen féieren, kann ech nëmme soen, datt wuel e Recours am Pays requérant méiglech ass. Et ass net um Pays requis, fir d'Opportunitéit vun esou enger Demande ze entscheeden. Mir sinn hei a steierlecher Matière an net am Stroferecht, wou e Recours absolutement justifiéiert ass.

Eis Finanzplaz huet eng laang Geschicht, eng Geschicht, déi sech weise loosse kann. A wann een en duergéehende Fuedem an dëser Geschicht sicht, da fënnt ee schnell dee vun der Oppenheet vun eise Land. An ouni dës Weltopenheet géife mir elo als Land net do stoen, wou mer stinn, an eis Finanzplaz géif genausou weénege do stoen, wou se elo steet. Si ass gutt opgestallt, an de Gesetzesprojekt vun haut de Mëtteg wäert hir weider Méiglechkeete ginn, eist Land dobause gutt ze verrieden.

Dat gesot, bréngen ech hei och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiede Gesetzes-text an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Här President, ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur, dem Guy Arendt, Merci soe fir säi schrëftlechen a säi mündleche Bericht.

D'Kritik vun der CSV-Fraktioun un dësem Gesetzesprojekt, Här President, déi wäert näischt mat dem Rapporteur a fréiere Bättonnier vun dem Affekotabarreau ze dinn hunn. Här Arendt, Dir sidd eis net onsympathesch.

(Hilarité)

► **Une voix.** - Oh!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech géif den Här Roth bidden, sech un d'Chamber ze adresséieren.

(Hilarité et brouhaha général)

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Här President, an internationale Steierfroen hate mir an der Vergaangenheet meeschtens heibannen e largé Konsens.

Firwat? Mä well eigentlech jiddwerengem am Interessi vum Land un dem gudde Ruff a virun allem un der Entwécklung vun eiser Finanz- a Bankeplaz geleeé war. An d'CSV steet och duerfir, an dat soen ech ganz kloer, zu dem Prinzip vun dësem Gesetz, well et ass en Engagement zur administrativer Kooperatioun an internationale Steierfroen, eng logesch Suite eigentlech vun Aarbechten, déi iwwert déi leschte Jore gemaach goufen, och vun der fréierer Regierung.

An ech erlabe mer, awer nach eng Kéier un d'Mérite vun engem Luc Frieden ze erënnere, deen, nodeem mer 2009 vun dem sogenannte „G20-Sommet“ op eng gro Lëscht vun de Steierparadäiser gesat goufen, eng Hällewull Duebelbesteuerungsofkomme verhandelt huet. An domat si mer och vun der Lëscht vun de Steierparadäiser erofkomm, am Interessi vun der Finanzplaz an och am Interessi vun dem Land.

Jo, Här President, d'CSV, déi steet ze enger propperer Finanz- a Bankeplaz. Fir d'CSV ass d'Steierhannerzéiung kee Kavaléiersdelikt. Et verstéisst nämlech géint d'Steierethik, a geschiedegt ass domadder de Stat an net zulescht deen eenzelne Bierger.

An, jo, Här President, mir wësse ganz genee, dass, wa mer e Finanzskandal hunn, bei enger Bank, déi zu Lëtzebuerg etabléiert ass, egal vu wat fir enger Nationalitéit, dann hu mer e Problem op der ganzer Banken- a Finanzplaz.

Mä, Här President, wann d'Zilsëtzung vun dësem Gesetz stëmmt, an dozou sti mir, ech soen et nach eng Kéier, dann hellegt awer den Zweck net all Mëttelen, besonnesch dann, wann d'Grondprinzipie vun Rechtsstat an der Schossinn stinn, an déi hunn ëmmer Virfahrt. Dat ënnersträiche mir als CSV och gradesou daitlech.

Här President, dëse Gesetzesprojekt gesäit eigentlech vereinfacht vir, dass op Ufro vun enger auslännescher Steierverwaltung de Lëtzebuerger Steierdirekter eng Bank, een Affekot, een Notaire, eng Fiduciaire kann opfuederen, Dokumenter iwwer e Client erauszeréckelen, ouni dass géint dës Décisioun iergendwelche Recours zu Lëtzebuerg méiglech ass. Am Contraire! D'Gesetz verbitt souguer ausdrécklech de Recours, an d'Bank där, wann dat vun der auslännescher Autoritéit verlaangt gëtt, de Client net emol iwwert d'Opfuederung, fir d'Dokumenter erauszeréckelen, informéieren.

A fir eis, Här President, steet dat am Widder-sproch zu allen elementare grondrechtliche Prinzipie vun engem Rechtsstat. Eng Lëtzebuerger Verwaltungsautoritéit hält eng Décisioun, géint déi keen Asproch bei engem Gericht méiglech ass. Null Kontroll. Keng Méiglechkeet, fir sech ze wieren.

Ech ginn dat konkret un. D'Bank muss zum Beispill e Relevé de compte vun engem Client weiderginn, op deem heiansdo ganz privat Donnéeë stinn, déi net nëmmen de Client betreffen, mä och Drëttpersonen! Sensibel Beräicher, eng Alimenterbezelung, déi all Mount gemaach gëtt fir Kanner, fir eng aner Fra, eng Liewensversicherung,...

(Interruption)

...eng Liewensversicherung - Madame Loschetter! -, wou de Bénéficiaire ka bekannt ginn, wann déi Ufro bei enger Assurancegesellschaft gemaach gëtt. Null Méiglechkeet, sech deem ze opposéieren, weder fir de Client, nach fir déi Drëttperson, déi betraff ass.

Et ass richteg, Här President, an de Rapporteur, de Guy Arendt, huet virdru gesot, dass d'Méiglechkeet vun der sougenannter „Injonction“ - wéi et am Fachjargon heescht - vun dem Steierdirekter besteet, an zwar zënter engem Gesetz vum 31. Mäerz 2010, vun deem den allze fréi verstuerwene Lucien Thiel nach deemools Rapporteur war. Mir hunn och deemools laang an der Finanzkommissioun iwwert déi sechs Artikelen vun deem Gesetz diskutéiert.

Mä ech wëll awer nach eng Kéier ënnersträichen, an dem Gesetz vum 31. Mäerz 2010, do gouf et ee Recours. Et gouf eng Informatioun vun dem Client duergé d'Bank, an d'Donnéeën iwwert d'Drëttpersonen konnte bis haut maskéiert ginn.

Här President, dozou folgend Observatiounen zu engem dach eemolege Virgank an eise Lëtzebuerger Rechtsstat.

1. De Contrôle judiciaire, also d'Iwwerprüfung duergé en onofhängegt Gericht, dat ass e Grondprinzip vun eiser Demokratie. Iwwregens vun all Demokratie!

An ee rezenten Avis, de Guy Arendt huet en och ugeschwat, vun dem Affekotabarreau - en ass zwar spët komm, mä en ass awer do -, dee geet och dorobber ausdrécklech an. An ech erlabe mer awer, dee Passage ze zitieren vun den Affekoten - net engem eenzelnen Affekot, mä deem ganze Barreau -, representativ fir déi bal 2.000 Affekoten, déi mer zu Lëtzebuerg hunn: «N'est-ce pas l'idée même de l'État de Droit et de la séparation des pouvoirs: L'administration applique une loi, et les juridictions contrôlent cette application. Or,» - schreiwen d'Affekoten - «à l'avenir, un recours judiciaire contre les mesures exécutées par les administrations fiscales luxembourgeoises sera tout simplement impossible dans la majorité des cas.»

D'Gesetz iwwer eist Verwaltungsgericht aus dem Joer '96, dat seet am Artikel 2, ech erlabe mer, deen awer virzeliesen: «Le tribunal administratif» - also d'Verwaltungsgericht - «statue sur les recours dirigés pour incompétence,» - am Sënn vun „net zoustänneg“ - «excès et détournement de pouvoir, violation de la loi ou des formes destinées à protéger les intérêts privés, contre toutes» - an ech widderhuelen et: contre toutes! - «les décisions administratives à l'égard desquelles aucun autre recours n'est admissible d'après les lois et règlements.»

Ech ginn net op d'Interpretatioun vun deem Text hei an. Ech hunn lech e just gelies. D'Décisioun, eng Prozedur virum Verwaltungsgericht, e Recours géint all administrativ Décisioun.

2. De liberale Statsminister, den Här Bettel, President vun enger Regierung, déi sech op de Fändel geschriwwen huet, alles méi transparent ze maachen, de Leit ze soen, wat op si zoukënn, dee sot als DP-Sprieher - als DP-Sprieher! - a Member vun der Commission juridique de 17. Mäerz 2010 op dëser Plaz, am Kontext vun Diskussiounen iwwert d'Gesetz vum 31. Mäerz 2010, wat ech virdru ugefuert hunn, a wat eben e Recours virgesäit an eng Informatioun vun dem Client - an ech zitieren den Här Bettel: „Ech muss lech awer soen, Här President, dass ech ganz frou sinn,“ - seet den Här Bettel - „dass d'Regierung“ - et war déi deemoleg - „- well et sinn aner Regierungen, déi dat net gemaach hunn - virgesinn huet, dass een e Recours ka maache géint déi Décisioun vun der Steierverwaltung, a souguer, dat muss een och soen,“ - sot den Här Bettel deemools - „well dat net ëmmer de Fall ass, dass een Appel ka maachen. An ech mengen, déi Punkte soll een och ënnersträichen.“ Dat sot, wéi gesot, deemools den Här Bettel.

An haut deeselwechten Här Bettel, liberale Statsminister, mat engem liberale Finanzminister, dem Här Gramegna, engem grénge Justizminister, déi schafen dee Recours einfach of.

Ech muss soen: Der Madame Colette Flesch, enger ferventer Verfechterin vun eise Rechtsstat, ma där muss dach bei esou engem Projet de loi hiet blot Häerz einfach bludnen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Net eleng där!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Net eleng där!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et sinn der vill.

► **M. Gilles Roth (CSV).** - 3. Här President, d'Chambre de Commerce - Här Gramegna, vun där Dir nach virun engem Joer Direkter waart -, déi ënnersträicht an hirem Avis ganz kloer, dass de Pouvoir d'injonction vun dem Steierdirekter ouni Recours an ouni Informatioun vun dem Client ee Verstouss géint den Droit de la défense ass.

Hei ass den Avis zu dem Gesetzesprojekt vun der Chambre de Commerce, vun där Dir, wéi gesot, viru gutt zéng Méint nach Direkter waart.



D'Chambre de Commerce, Äre fréieren Employeur, déi schreift: «Pour la Chambre de Commerce, le Projet de loi marque un recul en matière de respect des droits de la défense (...)», schreift d'Chambre de Commerce.

A si zitëiert och Texter vun der OCDE: «Cependant, si des procédures judiciaires, ou des procédures assimilables» - verhaalt dat gutt „assimilables“ - «en vertu de la législation interne de l'État requis, nécessitent de divulguer la lettre elle-même, l'autorité compétente de l'État requis peut le faire.» Also, et ass net esou, dass hei misst all Recours verbuede ginn. An, la preuve en est, an Ärem eegenen éischte Regierungsprojet, do war e Recours virgesinn. Et ass eréischt, nodeems dass de Conseil d'État säin Avis ginn huet, wou dee Recours ofgeschafft ginn ass.

D'Chambre de Commerce schreift nach weider: «Par ailleurs, les tribunaux ont clairement établi que l'absence de communication de la demande d'échange d'informations pouvait conduire» - lauschtert gutt no! - «à une violation des droits de la défense. À cet égard, la Cour constitutionnelle» - also eist Verfassungsgericht - «a ainsi eu l'occasion de rappeler que l'article 12 de la Constitution, qui protège la liberté individuelle, implique le respect des droits de la défense. Or, la norme internationale n'impose pas à l'État requis „d'aller au-delà des limites prescrites par sa propre législation et par sa pratique administrative“.» - seet, wéi gesot, d'Chambre de Commerce.

Hei, Här President, hu mer eigentlech elementar Grondrechter vun eiser Demokratie, déi sacriifiéiert ginn. Firwat? Well eng Regierung an d'Knée geet virun engem sougenannte Forum mondial, engem Organ...

(Interruption par M. Eugène Berger)

...engem Organ, Här Berger, dat keng Institution ass, dat net besat ass vu politeschen Décodeuren an dat keng rechtlich Instrumenter iwwerhaupt ka schafen, just Recommandatiounen maachen, déi Fonctionnaires...

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, ech wëll dem Här Roth soen, datt mer de Statsrot suivéieren.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- ...déi Fonctionnaire ausschaffen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...Et gött interessant.

(Hilarité)

► **M. Gilles Roth (CSV).**- 4.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Sou, deen Eenzege, deen d'Wuert huet, ass den Här Roth. An den Här Roth, deen adresséiert sech un d'Chamber oder un de President.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President a léif Kollegeen a Kolleginnen aus der Chamber.

4. An engem Avis, deen d'Cour administrative gemaach huet am Kontext vun dem Gesetz vum 31. März 2010, steet ze liesen - ech liesen lech dat haart vir: «Si le titulaire du compte» - dat ass also de Client - «et propriétaire des données n'a pas eu une communication effective, et en temps utile, de la décision d'injonction» - dat ass also déi vum Steierdirekter - «afin de pouvoir introduire, parallèlement au banquier ou seul, mais en tout cas de manière indépendante, une voie de recours contre la décision d'injonction qui lui est directement préjudiciable, il n'est pas exclu» - schreift de President vun der Cour administrative - «qu'il soit en droit de faire valoir un non-respect de ses droits de la défense du fait de l'absence d'une notification effective de ladite décision à son égard.»

Här President, mä mat allem Respekt, Dir musst jo awer wierklech net mengen, wann de Georges Ravarani, am Numm vun der Cour administrative, dat hei schreift par rapport zu dem Gesetz vum 31. März 2010, wou mer elo e Réckstand hu par rapport zu deem Gesetz, wéi mer et elo haut applizéieren, dass, wann deen éischten Affekot e Recours mécht, dee brauch nëmmen dat hei virzeliesen, a gleeft mer et, d'Häre vun dem Kierchbiereg douewen, mä op gutt Lëtzebuergesch gesot, déi späize sech dach net selwer op de Kënn!

5. Ech fuere weider: De Code de procédure civile, deen d'Grondprinzipie vun engem Procès équitable festsetzt - Här Braz, als Justizminister -, dee seet a sengem Artikel 63: «Nulle partie ne peut être jugée sans avoir été entendue ou appelée.» Mir kommen herno nach do-rober zrëck. Dat ass d'Aschreiwung an de Code de procédure civile vum Principe du contradictoire, en allgemenge Rechtsprinzip, dee spillt souwuel am Zivilrecht wéi an allen anere Ma-

tière vun Droit an och an dem Verwaltungsrecht.

6. Dese Gesetzesprojet, Här President, dee versteisst och ganz kloer, an den Ae vun der CSV, géint den Artikel 6 vun der Europäescher Mënscherechtskonvention. An, Här Braz, et kann een hei net argumentéieren, et géif sech hei ëm eng Matière fiscale handelen an duerfir wier déi net applicabel. De Contraire ass nämlech de Fall! A lauschtert gutt no, well et geet nämlech hei ëm eng Prozedur, et geet net ëm eng Imposition. Et geet ëm eng Prozedur! A fir d'Prozedur spillen allegueren déi rechtsstaatlech Prinzipien, souwuel am Steuerrecht wéi och an dem Zivilrecht.

An Dir wësst ganz genau, Här Justizminister, dass an den 80er Jore grad Lëtzebuerg an de Collimateur komm ass vum Europäesche Gerichtshaff zu Stroossbuerg - firwat? - wéinst dem Procola-Uerteel. A passt elo gutt op! Deemools ware véier vu fënnf Leit vun dem Comité du contentieux vun dem Statsrot, déi befonnt hunn iwwer e Règlement grand-ducal am Agrarberäich. Dunn ass e Recours gemaach ginn an déi Leit, déi hunn herno..., déi souzen an der Affär, wou eben deem Règlement grand-ducal seng Rechtméissegkeet, fir dat vereinfacht ze soen, ugefecht ginn ass.

Mä, Här President, mir sinn eigentlech hei am selwechte Fall an ech soen lech och firwat. Ech liesen lech den Artikel 23 aus dem Gesetz iwwert d'Juridictions administratives vir. Well dee setzt an eist Recht vun de Juridictions administratives grad d'Konklusiounen vun dem Arrêt Procola. Et gött do gesot: «De même, aucun membre de la Cour administrative ne peut siéger dans des affaires ayant trait à l'application de dispositions légales ou réglementaires au sujet desquelles il a pris part soit à l'élaboration à quelque titre» - lauschtert gutt no - «à quelque titre que ce soit, soit aux délibérations du Conseil d'État.»

Dem Georges Ravarani no, an deem Avis, deen ech virdrun zitëiert hunn, hat deemools d'Cour administrative grouss Retizenzen, fir en Avis zu dem Gesetz vum 31. März 2010 ze maachen, grad op dësen Artikel hin. A si hu sech nëmme gesot, dass hei keng Interferenzen wiere mat deem heiten Artikel, well se gesot hunn: Mir schwätzen eis just iwwer ee Punkt an net iwwert d'Interpretation vun dem ganze Gesetz aus.

Or, wat geschitt an deem konkrete Fall hei? Mir hu kee Recours bei enger Juridiction. E gött ausdrécklech duerch de Gesetzestext, dee mer haut ofstëmmen, ausgeschloss. Deen, deen eenzeg an eleng tranchéiert, (veuillez lire: Deen, deen eenzeg an eleng tranchéiert, ass de Steierdirekter,) mat alle Kompetenzen, déi eis Steierdirekteren hunn. Et ass mer penibel, dat ze soen, well mir hu mam Guy Heintz en exzellente Steierdirekter, a Lëtzebuerg hat iwwert déi lescht 20 Joer ëmmer ganz gutt Steierdirekteren, déi och gehollef hunn, fir ganz komplizéiert Rechtsmatiären hei an der Chamber zu engem gudden Enn ze bréngen, mä an dësem Fall ass de Steierdirekter gläich Juge et partie!

Här Gramegna, wann eng CD entweder kaaft gött oder geklaut gött an engem anere Stat an op Basis vun där CD, vun deenen Donnéeën, déi do sinn, ginn Informatiounen iwwert den Här Heintz gefrot, dass dee soll bei enger Bank enquêtéieren, dann ass den Här Heintz - ouni Recours, weder bei enger Verwaltung nach bei engem Gericht - deen Eenzege, deen iwwert d'Regularitéit vun esou enger Demande befënn. Mir sinn der Meinung, dass dat an engem Rechtsstat anno 2014 zu Lëtzebuerg net geet!

7. Här President, onofhängeg vun de Rechter op Défense, dem Recht op e Procès équitable, ginn et graveierend Aschnëtter op d'Recht vun dem Schutz vun der Privatsphäre an de sougenannte Secret professionnel. Dass eng Steierverwaltung Informatiounen iwwert Drëttpersonen kritt, geet an d'Privatsphäre vun där Person eran, ouni dass se sech emol am Geréngsten dogéint ka wieren! Dass en Titulaire vun engem Berufsgeheimnis, een Affekot, een Notaire, eng Assurancegesellschaft muss Injonctionne vun dem Steierdirekter follegen, ouni emol e Recours dogéint ze hunn, gouf et bis elo zu Lëtzebuerg nach net!

An ech weess: De Laurent Mosar schwätzt nach herno an ech muss him nach Minimum 12 Minutte loosser, duerfir maachen ech dat elo relativ schnell.

Här Braz, gëschter hate mer eng ganz gutt Justiz- a Finanzkommission. Ech muss lech awer soen: Wat do behaupt gouf, dass et och kee Recours géif ginn en matière de droit d'instruction criminelle, dat ass net déi ganz Wourecht gewiescht. An erlaabt mer ze soen - Dir wësst et, eng Rei vu Leit heibannen -, dass mer 2010, ënnert dem fréiere Justizminister Biltgen, iwwert d'Summervakanz gekuckt hunn, fir de Recommendationen vum GAFI deemools Rechnung ze droen an ze kucken, eis Gesetzgebung

am Code d'instruction criminelle, notamment um Niveau vun de Perquisitionen, also den Durchsuchungen an de Saisien, ze adaptéieren.

Ech hat deemools d'Éier fir, zesumme mat dem Jean-Louis Schiltz, Rapporteur vun deem Gesetzesprojet ze sinn an - net fir den Ego, mä erlaabt mer just, de mëndleche Rapport ze zitéieren, well da geet et méi einfach, deen awer ëmmerhin deemools vun 58 vun 59 Deputéierten ugeholl gouf, deen Eenzege, deen net matgestëmmt huet, war den Här Änder Hoffmann - an do huet sech deeselwechte Problem um Niveau judiciaire gestallt, Här Braz. Well Dir hutt mat Recht deemools ëmmer drop gehalten, dass mer den Droit de recours sollten hunn. Dat éiert lech. Jiddwereen an der Commission juridique huet dorobber gepocht.

Erlaabt mer just, relativ zum Schluss, dat awer virzeliesen. Am mëndleche Rapport steet: „Den Droit de recours, d'Rekursrecht ass awer an e sem generelle Rechtsverständnis en Element vun dem sougenannten Droit de la défense, dem Grondrecht op Verteidigung.“

„D'Léisung, déi d'Commission jurique zrëckbehalen huet,“ - deemools - „fir an deem sensibele Beräich den Équilibre tëschent internationale Verpflichtungen an eise Rechtsstatprinzipien, virun allem dem Grondrecht op Verteidigung, ze garantéieren, ass elo folgend: D'Chambre du Conseil, also d'Rotskummer vun dem Tribunal, déi mat dräi Riichter besat ass,“ - dräi Riichter! - „kritt eng generell Kompetenz, fir bei enger Ufro op Rechtshëllef aus dem Ausland d'Regularitéit vun där Prozedur d'office ze kontrolléieren.“ Haut just eng Verwaltungsautoritéit: de Steierdirekter.

Et kënnt awer méi konkret: „Well am Kontext vun enger internationaler Rechtshëllef d'Bank respektiv hir Employéen net dierfen de Client informéieren“ - net dierfen de Client informéieren! - „iwwer eng Perquisition, e Retraçage vu Bankoperatiounen (...), gött elo d'Méiglechkeet agefouert,“ - a lauschtert elo gutt no! - „fir ee Mémoire, dat heescht Observatione bei der Chambre du Conseil ze déposéieren.“ Dës Méiglechkeet besteet fir all Person, déi vun enger Untersuchungsmaassnam beträff ass an informéiert gouf. Dat heescht, dass d'Bank ee Mémoire kann déposéieren an och eventuell Drëttpersonen.

An dat, wat gëschter net an der Finanz- a Justizkommission gesot gouf, dat ass Folgendes: „De Client“ - dat heescht, den Titulaire vum Kont - „kann e Mémoire ofginn, souwäit hie vun der Untersuchungsmaassnam informéiert ass.“ An hei kënnt de sprangende Punkt, dass dat, wat gëschter an der Finanzkommission gesot ginn ass, net richtig war: „Ginn een oder méi Mémoires ofginn, muss d'Rotskummer niewent dem Iwwerpräive vun der Regularitéit vun der Prozedur iwwert d'Argumenter vun dem Mémoire mat enger motivéierter Décision befannen.“ Duerfir sinn déi Informatiounen, déi gëschter als Rechtfertigung gi goufen, net komplett. An dat ass am Widerspruch mat deem, wat ech lech elo virgelies hunn.

Här President, aus all deene Grënn kann d'CSV-Fraktioun dese Gesetzesprojet net matstëmmen. Et ass en Text, deen am Widerspruch steet mat elementare Rechtsprinzipien, déi mir an eise Land ëmmer héichgehalen hunn.

An ech soen lech och ganz daitlech: Hätt en CSV-Finanzminister esou ee Gesetzesprojet zur Ofstëmmung haut virgeluecht, et wier op dëser Plaz d'Land net ze kleng gewiescht, fir den CSV-Stat an d'Banannerepublik auszeruffen! Mä haut ass et eng DP/déi gréng/LSAP-Regierung, déi virun engem demokratesch net legitiméierten internationale Gremium, dem Forum mondial vun der OCDE, an d'Knée geet a Grondprinzipie vun eise Rechtsstat op d'Spill setzt.

Ofschléissend, Här President, den Zweck, deen hellegt net all Mëttelen, besonnesch wann et ëm demokratesch Grondrechter geet. D'CSV fuerdert duerfir konkret d'Regierung op, de Gesetzesprojet zrëckzezéien an eng Form - dat muss net dat formell Rekursrecht sinn, dat kann och eng Léisung sinn, an deem Sënn, deen ech virdru gesot hu mat de Mémoires -, vun Droit de recours géint dem Steierdirekter seng Décision bei enger onofhängeger Autoritéit anzeféieren.

An den urspréngleche Regierungstext, ech kommen nach eng Kéier dorobber zrëck, deen hat et jo och virgesinn! An d'Argument, wat nach eng Kéier vun Guy Arendt widerholl gouf a wat gëschter an der Chamberskommission ugefouert gouf, an - Här Berger! -, ier Der elo mat dem Statsrot kommt, ech ginn lech schonn direkt d'Antwort, dat ass dat, fir ze soen: Majo, d'Leit hu jo d'Méiglechkeet am Ausland, nämlech an deem Land, am État requérant, do, wou d'Ufro gestallt gött, fir fir sech ze reklaméieren. Dat kann an der Belsch sinn, mä dat kann och an Tadschikistan sinn.

Mä elo soen ech lech awer, dass et sech beim Steierdirekter ëm eng Lëtzebuurger administrativ Autoritéit handelt. An ee Gericht am Ausland, an dat ass de kloer Feeler, wou et net geet, dat kann aus statsrechtleche Grënn iwwerhaupt guer net iwwer eng Décision vun enger Lëtzebuurger Amsautoritéit befannen. Dat geet weder an der Belsch, dat geet net zu Arel an dat geet och net an Tadschikistan.

D'CSV, déi wëllt...

(Interruption)

...also, dass, bis eng Léisung fonnt gött, den alen Text vum 31. März provisoersch bestoe bleift.

An ech soen lech och ganz kloer am Numm vun der CSV-Fraktioun: Sollt et bestehend Enkpass ginn, dass d'Riichter um Verwaltungsgesicht net genuch Moyens en personnel et autres hätten, dann hu mir absolut kee Problem, fir an Urgence weider enger Opstockung vun de Richteren op dem Verwaltungsgericht zoustëmmen.

Här President, ech kommen zum Schluss. Ech wëll lech ganz kloer soen, och un d'Adress vum Här Bodry, dass et hei net de Schmollmond vun den CSV-Neesoer ass. Et ass ganz einfach d'Vepflichtung, mengen ech, vun der Opposition an esou engem Fall, op d'Defiziter vu Gesetzestexten hinzeweisen, besonnesch wann et ëm d'Grondprinzipie vun eiser Demokratie geet.

Hei iwwerhëlt d'Regierung eng grouss politesch Responsabilitéit, a fir déi muss si och, an absënns de Finanzminister, eleng d'Verantwortung droen, wann dat sollt zu Stroossbuerg oder op anere Plaze schifgoen.

Mir stëmmen dëse Gesetzesprojet net. Mir waarden op d'Äntwerte vun dem Här Gramegna, fir eis definitiv Positioun ze arrétéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Roth. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen, léif Kollegeen, ech géif gär domat ufänken, dem Guy Arendt Merci ze soe fir säi gudden a komplette Rapport. Och dem Gilles Roth fir säi passionéierte Plädoyer fir de Rechtsstat. Ech kann dat mat zwou Hänn ënnerschreien. Ech sinn och fir de Rechtsstat.

Ech géif gären agoen op déi Diskussioun iwwert d'Ofschafe vun deem Recours virum Verwaltungsgericht. Ech mengen, et ass net néideg, fir op de Rescht anzugeen. Wéi gesot, de Guy Arendt huet dat gutt gemaach.

Et geet ëm dee Recours géint eng Demande d'échange de renseignements an eng Décision d'injonction, wéi se am Artikel 3 Paragraph 1 an 3 virgesinn ass. Dës Mesure, déi jo eng Ännerung ass vum initiale Projet de loi, opgrond vun engem Commentaire vum Statsrot, gött elo kritiséiert vun der CSV a vun der ADR an der Haaptsaach aus dem Bléckwénkel vun den Droits de la défense. Et gött gesot, dass hei effektiv e fundamentaalt Recht am Rechtsstat violéiert gött.

Den éischte Reflex vun all Jurist, an ech muss soen, dat war och mäin éischte Reflex, ass natierlech, dass et engem e bësse mulmeg ass, wann e Recours ofgeschafft gött. Dat ass effektiv eppes, wat een zum Nodenke bréngt.

Allerdéngs dierf een an dësem Fall, mengen ech, net bei dësem éischte Gefill a bei dësem éischte Reflex bleiwen. Et muss een e bësse méi déif goen an dës Problematik, et muss een e bësse méi no un deen Dossier hei erugeen, fir sech wierklech do eng Meinung ze maachen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Den Échange vun Informatiounen tëschent Steierverwaltungen gött et zu Lëtzebuerg scho säit ongeféier 35 Joer sur demande. Et ass ëmmer e Recours gi géint déi Demande d'échange; fir d'Éischt e Recours gracieux virum Steierdirekter an duerno e Recours contentieux virum Verwaltungsgericht. Et ass interessant ervirzehiewen, dass, mengen Informatiounen no, a soulaang et net en matière d'informations bancaires war, ni e Recours gemaach ginn ass während all deene Jore géint esou Demanden en matière d'échange. Nach eng Kéier: Op d'mannst net, soulaang wéi d'Bankeninformatiounen viséiert waren (veuillez lire: net viséiert waren).

Dir wësst, an dat ass och scho virdru gesot ginn, dass säit 2010 dunn och den Échange komm ass en matière vu Bankeninformatiounen. Dës war an där Form u sech d'Enn vum Bankegeheimnis an dëser Matière vum Échange vun Informatiounen a Steierdossieren, deen eist Land deemools ënner internationalem Drock, dat ass och gesot ginn, huet misse acceptéieren.



Well ënner OECD-Standarden esou ee Recours d'Demande net méi wéi 90 Deeg retardéieren dierf, ass een deemools op e Wee gaange vun enger accélérierter, spezieller Prozedur. Déi huet sech dann och am Gesetz vun 2010 zrëckfonnt.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, wéi mer wëssen, ass d'Aart a Weis, wéi den OECD-Standard vun eisem Verwaltungsgericht ausgeluecht ginn ass, ee vun den Haaptgrënn vun eisem Klassesment als net konform um Niveau 2 am „peer review“ vum Global Forum vun der OCDE.

Mir hunn eng speziell Situatioun zu Lëtzebuerg, well mir gi wuertwärtlech iwwerschwemmt mat Demanden. Mir hunn all Joers zu Lëtzebuerg ëm déi 300 bis 400 Demandes d'échange d'informations! Keen anert Land op der Welt huet esou vill Demandes d'informations wéi Lëtzebuerg!

Op deenen 300 bis 400 Dossieren, loossen ech mer soen, dass et eng 30 Recours pro Joer gëtt, wouvu ronn d'Halschent am Endeffekt als net justifiéiert rejetéiert ginn. D'Verwaltungsgericht geet a senger Jurisprudenz méi wäit wéi e rengen Contrôle de régularité. Si ginn heiansdo op de Fong vum Dossier. An et ass en fait och domadder wou de Global Forum e Problem huet.

Oft gëtt och d'Demande vum État requérant gefrot, dat heescht, den Acte de demande vum État requérant. An dat ass en fait ënnert de Standarde vun der OECD net virgesinn. Déi Demandé si geheim an et kann een en fait just e Résumé maache vun der Demande am Kader vun engem eventuelle Recours.

A vun deene puer Länner, déi e Recours virgesinn hu géint den Échange, si mir bei wäitem déi mat där gréisster Jurisprudenz. An déi Jurisprudenz gëtt natierlech an esou engem Peer review analyséiert an ausgewäert an da kënnt et zu deem Klassesment, dat mer am Endeffekt kruten.

Ech jugéieren déi Jurisprudenz net. Et ass net u mir als Parlamentarier, fir d'Jurisprudenz vum Verwaltungsgericht hei ze analyséieren an ze bewäerten. Ech constatéiere just, dass se dat ass, wat se ass, an dass se eis dohinner bruecht huet - an deem internationale Forum - wou mer haut sinn.

Eppes, wat een net esou oft héiert an där Kritik, un där Ännerung hei an deem Recours, deen elo ewechfällt - wat awer wichteg ass, a mengen Aen, an dëser Diskussioun -, ass, dass den (veuillez lire: am) OECD-Standard alleng dat Land, wat d'Informatioun uffreet, also den État requérant, d'Recht gëtt (veuillez lire: kritt) de Caractère vraisemblablement pertinent - dat ass de Standard ënnert der OECD-Modellkonventioun - vun den Informatiounen festzeleeën.

Et also alleng nëmmen den État requérant, deen ënnert dem internationale Standard d'Recht huet, déi Determinatioun ze maachen. Net awer d'Land, wou dës Informatioun gefrot gëtt. Also den État requis. Dat ass wichteg.

Domadder kann een d'accord sinn oder et kann een net dermat d'accord sinn. Et kann ee frou doriwwer sinn oder net. Mä dat sinn déi international Regeln, no deene mer spille müssen. Dat ass den Terrain op deem mer eis bewegen.

An et ass net un eis als Land, un eisen Autoritéiten, an et ass och leider net un eise Gerichter, fir op de Fong vun deenen Affären anzugeen. Dës Recoursen - dat ass och scho gesot ginn - bestinn alleguer an deene Länner, wou d'Demanden hierkommen. Also am État requérant. Elo kann ee soen: Den Tadschikistan oder aner Länner, Schurkenstaaten oder ech weëss net wat, déi hu keng..., do gëtt et keen État de droit, do gëtt et keng Droits de la défense, do gëtt et keng Requêtes. Gutt, dat ass méiglech, mä da muss ee sech awer iwwerleeën, ob ee mat deene Länner och wëllt wierklech Konventionen maachen.

► **Plusieurs voix.** - Richteg. Très bien!

► **M. Franz Fayot** (LSAP). - Do kënnt een dann op eemol an eng Doppelmoral, wou een engersäits mat deene Länner Affäre mécht, op där anerer Säit awer op eemol sech wonnert, dass et do keng Droits de la défense gëtt.

En anert wichtegt Argument - an dat ass och gëschter invoquéiert ginn an eiser Cofibu, an eiser Commission juridique - ass, dass den Échange sur demande ab 2017 u sech quasi kale Kaffi gëtt. Den Échange sur demande bleift zwar bestoen, mä wéi Dir wësst, ass d'lescht Woch en Accord ënnerschriwwen ginn zu Berlin vun eisem Finanzminister, fir den automateschen Échange ab 2017 am Kader vun der OECD och ze acceptéieren als Land. Dat ass e Paradigmewissel, dat ass e wichtige Moment fir eis Finanzplaz, mä dat heescht awer, dass ab 2017 déi Demandé wahrscheinlech oder mat grousser Sécherheet e manner grousser Stellewärt wäerte kréien, wéi deen, dee se fir de Moment hunn.

Et ass wichteg, an dat bestreit, mengen ech, heibanne keen, och d'Oppositioun net, dass mer aus deem Klassesment vum „non conforme“ erauskommen, dee mer fir de Moment hunn. Et ass gesot gi firwat. Mir sinn do a verschiddenen internationalen Institutiounen - BEI, European Investmentfunds - op enger schwaarzer Lëscht. Dat ass keng gutt Situatioun. Mir sinn och net gutt positionéiert fir künfteg weider esou Analysen.

De GAFI zum Beispill kënnt an zwee Joer. Dat wier keng gutt Situatioun, wa mer eis dee Moment nach géifen op enger schwaarzer Lëscht vum Global Forum befannen. Dat ass keng gutt Ausgangspositioun fir weider Négociatiounen. An dofir ass et wichteg, an ech mengen, dass deen Impératif, fir vun där Lëscht do erofzekommen, dee Projet de loi hei justifiéiert. Och mat deem Recours, deen elo ewechfällt.

Et ass wichteg, dass mer doraus erauskommen. Mir hunn eis alleguerte resolut op de Wee gemaach zu enger méi transparenter Finanzplaz, déi op de Kampf géint Steuerfraude ausgerichtet ass, an dat ass och gutt esou. An ech mengen, mir sollte weider dee Wee goen.

An aus all deene Grënn, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, wäert d'LSAP dës Projet hei stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och dem Här Fayot. Nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*). - Jo. Merci, Här President. Ech géif mech fir d'Éischt emol beim Här Arendt bedanken am Numm vun der ganzer grénger Fraktioun.

(*Interruption*)

Dem Här Arendt Merci soe fir de Rapport an och fir dee gudde Management, soen ech emol, duerch déi ganz Diskussiounen - och heiansdo interessant Diskussiounen -, déi mer an der Cofibu haten.

Ech denken, zum Inhalt an zum Objektiv vun deemem Projet de loi huet effektiv de Kolleeg Arendt alles gesot. An ech denken, datt et och hei eng Unanimitéit gëtt. Zu der Form ass jo och scho vill gesot ginn - e groussen Deel och vum Franz Fayot.

Ech géif mech gären hei, Här President, beschränken, einfach d'Positioun vun der grénger Fraktioun ze soen, fir datt mir och kënne dës Projet hei a senger Form ënnerstëtzen an och stëmmen.

Ganz kuerz, a complémentaire eben zu deem, wat de Franz Fayot elo scho gesot huet: Mir sinn effektiv hei net an engem Zeenario par rapport zum Recours, an engem Zeenario vun enger Entraide judiciaire, wou et ëm perséinlech Rechter geet, mä mir sinn an engem Zeenario, wou et ëm eng Entraide administrative geet.

Elo kann et sinn, wéi den Här Fayot och gesot huet... Mir bezweifelen, datt zu Stroossbuerg ee sech wäert mat Entraide administrative oder judiciaire beschäftegen, vu datt et net ëm perséinlech Rechter geet. Dat emol dohigestallt. Mir exekutéieren hei zu Lëtzebuerg eng Demande en matière fiscale. Dat ass den Objet vun deem Projet de loi a vun deem Austausch sur demande, dee gefrot ginn ass.

An notamment déi Demanden, déi och méiglech gi sinn, duerch déi bal iwwer 70 Accorden, déi an deene leschte Joren och beschloss gi sinn, mat anere Länner notament, an déi hei grad mat deemem Projet de loi och hir Mise en application total fannen. An dofir, a wëssend, datt déi Persoun op all Recoursen, déi a sengem Land méiglech sinn, e Recht drop huet, e Recht drop huet a sengem Land, wou e Bierger ass, op all déi Recoursen, déi et do ginn - souwäit et se dann och ginn -, huet en domadder och seng Biergerrechter, seng Citoyen-netéitsrechter, geet et hei just ëm déi administrativ Exekutioun vun enger Demande, déi aus deem Land koom.

A mir als gréng Fraktioun kënne deemem nëmmen zustëmmen, wat den Här Fayot och gesot huet. Wa mir Business maache mat Clienten aus Länner, déi menge si missten hei op dëser Finanzplaz Operatiounen maachen, déi da solle vläicht net en bonne et due forme ofgelaf sinn oder wou vläicht de Client se net wëllt en bonne et due forme oflaffe loossen, da muss en an Zukunft ebe sech un en anert Land wenden an net méi u Lëtzebuerg.

An dat ass fir ons de wichtege Punkt. Ons geet et sécherlech och drëms, datt mer fully oder completely compliant sinn, respektiv, datt mer vu schwaarzen oder groe Lëschten erofkommen, awer net nëmme weinst de Banken, weinst der Finanzplaz, mä och, well d'Finanzplaz hei zu Lëtzebuerg eng Roll spillt, a mir als Gréng hätte se och gäre propper an transpa-

rent. Zumools, well mer jo och wëssen, datt déi „alter“, déi propper an déi transparent Finanzplaz, datt dat net bewierkt, datt mer manner Geschäfte maachen, datt mer manner Business maachen, datt mer manner Clienten kréien, mä mer hunn der gradesou vill, si si vläicht just aner. An déi Operatiounen, déi hei oflafen, gi méi diversifiéiert a sinn och aner.

Mir kruten net méi spéit wéi virun e puer Deeg an der Finanzkommissioun dat och nach vun der CSSF confirméiert, a mir wäerten et sécherlech vun eiser Banque centrale och nach eng Kéier confirméiert kréien. An dat ass de Wee, wéi och mir Gréng ons virstellen, datt ee kann duerchaus eng Finanzplaz hei zu Lëtzebuerg weider ausbauen, mä eben aneschtens.

An hei geet et schlussendlech och drëms, fir an engem gewëssene Mooss erëm méi an d'Legalitéit ze kommen an net falsch Discourse schlussendlech iwwer Recoursen ze féieren, iwwer Clienten, déi net aus egal wéi enger Ursach hei op Lëtzebuerg kommen, mä déi hei op Lëtzebuerg vläicht versichen ze kommen, hir Geschäfte ze maachen, wéi et an Zukunft Gott sei Dank net méi wäert méiglech sinn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och der Madame Loschetter. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding** (ADR). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Här Kolleegen, Dir Här Ministeren, de Projet de loi 6680 ass faszinant. En ass faszinant, well en op där enger Säit de Rechtsstat a senger Grondprinzipie betrëfft an awer och well en op där anerer Säit d'Aarbeitsmethod vun der Chamber erlaabt ze belichten - fir net ze soen: ze entlarven.

Dës Projet gouf an d'Commission des Finances et du Budget verwisen. Dat ass d'Conférence des Présidents, déi dat décidéiert. E beinhaltet awer, wéi mer elo grad gesinn hunn an duerch déi verschidden Interventiounen schonn héieren hunn, ganz grondsätzlech juristeschen Aspekter. D'Fro ass, ob net systematesch Projet-de-loien, déi d'Finanzplaz betreffen an déi esou eng gravéierend juristeschen Aspekter hunn, systematesch sollten, zumindest och, un d'Justizkommissioun verwise ginn.

Et ass een erstaunt, wann ee kuckt, wien hei alles ëm säin Avis gefrot gouf. Ganz honorabel Institutiounen: d'Chambre des Salariés, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, d'Chambre des Métiers. Kee vun deenen huet direkt eppes mat deemem Projet de loi a senger Ëmsetzung ze dinn!

Wou sinn d'Avis vun der ABBL? Vun de Révisseurs d'entreprises? Vum Ordre des Experts-Comptables? Vum Notariat? A last but not least dem Barreau? Dem Barreau säin Avis hu mer, mä aus deem ganz einfach Grond, well mir als ADR e gefrot hunn. Well soss keen e gefrot huet!

(*Interruptions*)

Jo, mä Dir kënnt en... En ass haut scho vill zitéiert ginn, an Dir wäert gesinn, e wäert och an zukünftige Gerichtsverfahren nach ganz vill zitéiert ginn.

Nee, Madame Loschetter, dat ass absolut kee Quatsch. Dat ass Fakt.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*). - Et brauch ee keen Avis ze froen.

► **M. Roy Reding** (ADR). - Fakt ass och, datt an där Kommissioun... Den Här Berger, Här President, erlaabt Der mer dat Wuert, huet virun dee groussen Dialog do gelueft. Nee, dat war keen Dialog. Mir konnten, déi Spezialisten, déi do souze vun der CSV a vun der ADR, konnten hir Argumenter bréngen, mä et ass net op déi Argumenter geäntwert ginn! Déi éischt seriöse Äntwert, déi ech haut héieren hunn, ass déi vum Kolleeg Fränz Fayot.

Komme mer elo emol zum Fong vun der Affär. Hei also op d'Bedriewe vun der OECD, alias Emanatioun Forum mondial, gi mer an dës Projet, wéi gesot gëtt, eragedriwwen. Mir ginn eragedriwwen, seet de Fränz Fayot eis, well et zu Lëtzebuerg ze vill Recours gëtt. Mir ginn eragedriwwen, seet eis de Fränz Fayot, well et 15 Urteeler ginn - an engem Joer war dat esou, 300 Demanden a 15 Urteeler an engem Joer -, wou eis Cour administrative oder eisen Tribunal administratif sech dach net erkéngen, fir Positioun ze huelen. Ma, mir sollte stolz sinn als Demokratie, datt mer esou eng funktionéierend Verwaltungsgerichtsbarkeit hunn, an déi verteidige géint d'Ausland. Mir brauchen eis dach duerfir net ze schummen.

Déi OECD: Wat stécht derhannert a wéi funktionéiert se? Et si 34 Länner, déi ee Forum geschaften hunn zum Austausch vun Erfahrungen an zum Siche vu Léisunge vu gemeinsame Problemer. Hei ass deen allerwichtigste Moya-

den agesat gëtt, de Gruppenzwang. Wéi um Schoulhaff! Een deen net matspillt, dee gëtt gemobbt. Mir sinn eben op eng Lëscht gesat ginn.

Wann ee sech déi Lëscht emol ukuckt, gesäit een do ganz komesch Saachen, wien do op eemol „non compliant“ a wien do „partially compliant“ a wien du „fully compliant“ genannt gëtt. A firwat? D'Seychelle si mat zwou Casen „non compliant“, komplett „non compliant“. D'Türkei ass mat zwou Casen „non compliant“, „partially compliant“. Do muss ee mer emol d'Logik dovunner erklären.

Wann een „Kritik OECD“ googelt, da fënnt een net vill Kritik un deemem bürokrateschen „bully“, mä et fënnt een alles, wat d'OECD esou kritiséiert. D'OECD kritiséiert „die unsoziale Wirtschaftspolitik in Deutschland, das deutsche Bildungssystem, Niebels Ministerium“ - do geet et ëm d'Entwicklungshëllef -, „die deutschen Rentenpläne, das Betreuungsgeld, der deutsche Kündigungsschutz“.

Bon, ech hunn elo däitsch Problemer geholl, well grad hire Statschef bei eis op Besuch ass. An da froen ech mech: Ass dat normal, datt eng OECD ausgerechent eent vun deene Länner esou staark kritiséiert, vun deem mer jo awer all d'accord sinn, müssen ze soen, datt et eent vun deenen ass, déi am beschte funktionéieren, net nëmmen ekonomesch, mä och an hirer Rechtsstaatlechkeet.

Ech soen: „Mais de quoi je me mêle?“ Hei geet et drëm, gemeinsam Léisunge fir Problemer ze sichen, jo, mä et geet dach net drëm, sech an d'Souveränitéit vun anere Länner iwwer Gebühr anzemëschten oder souguer ze probéieren, déi Länner ze ersetzen.

A souguer an Amerika gëtt et Akademiker, zum Beispill op der McGill University d'Allison Christians, déi schonn 2008 an enger Thees gesot huet, datt d'OECD de facto en neie soziale Kontrakt schaaft. A se schreift: „(...) if any social (veuillez lire: if an international social) contract exists, its terms should be explicitly articulated (...)“.

A genau dat ass déi Debatt, déi mer misste féiere par rapport zu deene Leit vun der OECD. Mir brauche kloer Spillregelen. Virun ass gesot ginn: „Mir müssen no deene Spillregele spielen.“ Mä da muss mer déi Spillregelen diskutéieren an zesumme festleeën, mä eis se net vun iergendwelleche Bürokraten opdrécke loossen!

Fir d'ADR ka keen internationale Gremium, wat och ëmmer seng Legitimitéit ass oder net ass, eist Land zwingen, fir international Konventionen ze violéieren. An ech ginn dem Gilles Roth honnertprozenteg recht a senger exzellenter Analys, datt hei den Artikel 6 an den Artikel 13 vun der Europäescher Menschenrechtskonvention violéiert ginn. Dat ass de Procès équitable an dat ass d'Voie de recours effectif. Déi si mat deemem Gesetz net ginn.

Et geet zum groussen Deel ëm deen, iwwert deen d'Informatioun gefrot gëtt, mä et geet och ëm deen, deen d'Informatioun huet. Iwwert deen ass hei nach kee Wuert gesot ginn.

Muss den Affekt engem Client seng Donnéeën un deem säin Herkunftsland virginn, well de Lëtzebuerger Steierdirekter him dat ordonnéiert? An datt deen duerfir keen Droit de recours huet, dat ass inacceptabel!

A wat fir ee Schlag ass dat géint ee Beruff, dee jo awer ganz vill dorobber baséiert, datt en e Vertrauensverhältnis huet mat senger Clienten.

Dann ass och geschwat ginn, mat Recht, iwwer e Recours au fond am Pays d'origine. De Statsrot geet iwwert d'Recoursméiglechkeet ewech, andeems e seet: „Majo, dee Betreffene brauch jo nëmmen a sengem Land e Recours ze maachen.“

Bon, eent vun deene Länner mat deene mer kooperéieren ass de Qatar. Am Qatar, Här Minister, gëtt eng Fra gestengegt, wa se friemgeet mat engem Netmuslim. Wat maacht Der dann elo, wann de Katar duerch Ären Informationsaustausch erausfënnt, datt déi Fra eng Affär hat mat engem Lëtzebuerger, a se gëtt gestengegt? Sot Der dann: „Ma déi hat jo awer e fantastesche Recours an hirem Pays d'origine.“?

«L'absence de tout recours au Luxembourg est (...) inadmissible quand la demande (...) d'informations provient d'un Etat dont les juridictions sont inexistantes, corrompues ou, de façon générale, ne garantissent pas un accès à la justice efficace (...)», seet de Barreau a sengem exzellenten Avis.

Här Justizminister, et gëtt kee Recht ouni Recoursméiglechkeet. Et gëtt och kee Recht am



Secret. All Bierger ass och e Steierbierger. Et ass och ee Contribuable. Gëtt hien ugesicht vun iergendengem, sengem Patron, senger Fra, sengem Noper, da gëtt en dat gewuer. Mécht ee géint hien eng Plainte bei der Police, da gëtt en dat gewuer. Da kann e sech justifizéieren. Just a Steiersaachen, do gëtt et elo eng Aart geheime Staatssache, déi hei agefouert gëtt. E gëtt net informéiert, datt iergendee gefrot gouf, fir Informatiounen iwwer en ze ginn. An deem, deem dat gefrot gouf, huet keng Recours-méiglechkeet.

Et ass hei duergestallt ginn, mat Recht, datt d'Droits de la défense komplett violéiert ginn, an ech si frou, datt den Här Bettel schonn zitëiert ginn ass, well ech dat och wollt maachen.

Ech soe just esou vill: Hien als exzellenten an erfuerene Penalist, ech denken, en ass ganz besonnesch frou doriwwer, datt hei d'Droits de la défense esou violéiert gi vu senger eegener Regierung.

(Interruption)

Op der Oppositionsbänk..., op der Majoritéitsbänk, entschëllegt, sëtze ganz vill exzellent Juristen, déi mer och als solch schätzen. Och si hunn den Avis vum Barreau gelies, an ech wollt vläicht ee Saz zitëieren, de Gilles huet mer deem awer schonn ewechgeholl: «N'est-ce pas l'idée même de l'État de Droit et de la séparation des pouvoirs: L'administration applique une loi, et les juridictions contrôlent cette application.» Dat ass jo awer genau deem Text, deem elo hei duergheboxt gëtt, deem deem dote Prinzip vum Rechtsstat ewechputscht.

Här President, léif Kolleegen, ech wëll hei kloer soen: Den Här Minister Gramigna iwwerhëlt hei voll a ganz eng politesch Responsabilitéit. Wa géint d'Warnunge vun all deenen eminente Juristen, déi gefrot gi sinn, hei aus deem Projet de loi ee Gesetz gëtt, ech hoffen an ech wënsche mer, datt deem éischte Professionellen, deem eng Injonction kritt, sofort e Recours aleet an eng Question préjudicielle freet bei der Cour de justice um Kierchbierg.

Well jo och d'Convention européenne des droits de l'Homme sanktionéiert ass a leschter Instanz, a falls déi Question préjudicielle net sollt zum Erfolleg féieren, wat ech awer scho bezweifelen, dann huet en op jiddwer Fall en effikasse Recours zu Stroossbuerg, wou e Lëtzebuerg veruerteelt léisst, well et keng effikass Recoursméiglechkeet gëtt.

Sollt dat dann de Fall sinn, do schléissen ech mech dem Gilles Roth un, dann denken ech: Wann Der dann nach Minister sollt sinn, datt Der dann Är Responsabilitéit huet an dann och Ären Hutt.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - Et ass geféierlech!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Ech fannen dat ganz flott, datt mer emol endlech eng Kéier eng real an interessant Debatt hunn hei an der Chamber.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Brouhaha général)

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Eng real Debatt, souwuel vun deem, wat gesot gëtt, wéi och vun deem, wat net gesot gëtt! An den Ursprung ass jo de Rapport vun der OECD, dem Forum Mondial sur la transparence an esou weider, deem an engem Rapport de progrès 2013 Lëtzebuerg ganz vill rout Këschtercher do gemoolt huet.

Ech fannen et awer och ganz flott, datt d'ADR an d'CSV hei elo d'OECD op eemol a Fro stellen als bürokratesche Monster, deem net gewielt wier. Bei anere Saachen, bei den Zentralbanken zum Beispill, maache se dat awer net! An do hu se vill méi ee groussen Afloss op d'monetaresch an d'wirtschaftlech Politik. An nëmmen hei, wou se elo emol ufänken, déi krassenst Auswüchsen vun der Steierhannerzëiung a Fro ze stellen, elo op eemol ass et ee bürokratesche Monster. Mais soit!

Ech mengen awer, eng vun deene Saachen, déi hei net gesot gi sinn, dat ass déi, datt d'Zil vun deem, wat hei an deem Projet drasteet, net ass, fir Steierhannerzëiung ze verhënneren.

Ech sinn der Meenung, datt Steierdumping och een Aspekt ass vu Steierhannerzëiung. An de Steierdumping, deem ass gewollt. Deen ass gewollt an Europa, dee steet am Traité vu Maastricht a vu Lissabon, a soi-disant ass et eng legal Steierhannerzëiung. An ech mengen och, datt d'Steierhannerzëiung, vläicht am

Géigesaz zu deem, wéi et ugeklongen ass, net ee Mënscherecht ass.

► **Une voix.** - Bravo!

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Mënscherecht ass eppes anescht wéi Steierhannerzëiung.

Steierhannerzëiung, déi awer dora besteet, datt, wa Betriber a Multinationallen soulaang no Lächer sichen an de Steiergesetzgebungen, bis datt se just nach ee bis 2% vun hire Benefisier versteieren, dann ass eppes falsch. An da schwätze mer vu Steierhannerzëiung. An an där Politik mécht Lëtzebuerg - déi al an déi nei Regierung - weider mat.

Engersäits gëtt den Austausch vun Informatiounen, fir krass Aspekter vu Steierhannerzëiung ze verhënneren, matgemaach, an anersäits bleiwe Schlupflächer, Steierlächer bestoen an et ginn neier geschafen. Bestoe bleift den „ruling“, deem elo emol eng Base légale kritt. Bestoe bleift d'„Patent Box“. Bestoe bleift ee Freeport, wou ganz räich Leit Verméige kënne verstoppen, hannerleeën, ouni Steieren drop ze bezuelen. An et ginn och neier geschafen. D'Fondation patrimoniale, et wäert net laang daueren, bis datt mer hei doriwwer wäerten diskutéieren. An ech sinn iwwerzeegt, datt d'Consultingfirmen amgaange sinn, ee gudden Ersatz ze fanne fir d'Intérêts notionnels, déi op déi Aart a Weis hei net duergaange sinn. Da wäerte mer do eng Alternativ presentéiert kréien.

D'Konsequenzen dovunner, déi betreffen eis awer all! D'Konsequenze vun där Steierdumpingspolitik a vun där legaler Steierhannerzëiung, déi betreffen déi souverän Staaten, déi net méi dat Akommes hunn, wat se brauchen, fir hir Déngschtleeschungen, fir Infrastrukturen ze maachen. Se bréngen eng Ëmverdeelung mat sech, nämlech, datt déi Suen, déi gebraucht gi bei de Staaten, ëmmer méi agezu gi bei de Bierger, bei de Stéit, bei de Salariéen, datt d'Ausmooss vun deem, wat d'Salariéen an d'Stéit musse bezuelen, ëmmer méi zouhëlt. An ee Salarié an ee Stot, déi kënne sech hire Steieren net entzéien op déi Aart a Weis, wéi eng Multinationale oder verschidde Betriber dat maachen. Déi bezuelen hir Steieren op de Su genee, op den Cent genee.

An ech mengen dowéinst, datt den Zweck net deen ass, fir hei Steierhannerzëiung ze verhënneren. Duerfir missten aner Saache gemaach ginn, op déi ech kommen. Den Zweck ass deem, fir „compliant“ ze ginn. Dat schonn duerch d'Duebelbesteierungssofkommissen, déi gemaach gi sinn, wat jo d'Base légale ass vun deem heiten, well et geet jo ëm d'Renseignement, déi ënner anerem an den Duebelbesteierungssofkommissen festgehalte gi sinn, wat jo eigentlech keng Duebelbesteierungssofkommissen sinn, wat éischter Netbesteierungssofkommissen sinn, well och do vill Suen hannerzu ginn. An och den Austausch op Demande oder automatesch, wouriwwer mer herno nach schwätzen, ass e Stéck vum Versuch, fir dat ze maachen.

Datt dat awer net duergeet, weist ënner anem d'Diskussion, déi déi nämleche OECD, awer och d'EU ausgeléist hunn iwwert d'BEPsen, dat heescht d'Steieroptimiséierungspraktike vun deene grouse Betriber. Ech wëll drun erënneren, datt et, mengen ech, 14, 16 Thema gëtt, op deene geschafft gëtt, fir déi Steierhannerzëiung ze hannerfroen, dat heescht, fir d'Besteierungsbasis vun de Betriber an de Multinationale minimal transparent ze maachen, op eng zolidd Basis ze stellen. Dat betrëfft net nëmmen d'„rulingen“ an d'„Patent Boxen“, wat zwee Beispiller sinn, déi hei e puermol zitëiert gi sinn.

Mir sinn eigentlech fir eng aner Politik. Mir si fir eng Politik, wou korrekt besteiert gëtt, de Mehrwert, do, wou e geschafe gëtt. Dat misst d'Basis si vun aller Fiskalpolitik. Fir datt dat méiglech ass, misste mer eng Offeleung hu vun de Besëtzerhältnissen, dat heescht, mir missten een effentleche Regëster hu vun de Besëtzerhältnissen an Europa oder, wéi de Zuchman seet, op der ganzer Welt. Dat ass d'Basis, fir iwwerhaapt ze wëssen, wee wat huet, wee wéi ee Räichtum huet, wee wat verdéngt, wee wat hannerzitt. An et dierf ni ee Mënscherecht ginn, fir dat ze verstoppen, mä dat muss effentlech sinn an ee Recht si vun all Bierger, fir dat kënne anzegesinn.

An da brauche mer, zweetens, eng Mindestbesteierung. Mir brauchen eng Mindestbesteierung a ganz Europa an och doriwwer eraus fir Betriber, fir eben déi Dumpingslogik, esou wéi se de Moment leeft, déi ëmmer weidergeet, fir déi ze verhënneren. An dobäi wäert jiddweree gewonnen. Dobäi wäerten déi souverän State gewonnen, dobäi gewonnen d'Salariéen an dobäi gewënnt och d'Wirtschaft, déi emol erëm eng Substanz kritt, well déi Suen, déi de Moment hannerzu ginn, déi ginn an d'Spekulation. A mir rennen domadder an d'Mauer vun där nächste Kris. Ech wäert herno nach bei deem nächste Punkt dorobber zréckkommen.

Och wann d'CSV elo hei den Droit de recours verteidegt als mënscherechts- an als rechtsstaatlech Grundlag, esou mécht se et awer, an dat muss een awer soen, op eng eesäiteg Aart a Weis. Well se mécht et hei nëmme fir Leit mat ville Suen, fir déi räich Clienten vun den Avocat-d'affaires. Se mécht et an anere Beräicher net!

Ech ginn d'Beispill vun der Vorratsdatespeicherung. Firwat bei der Vorratsdatespeicherung sot Der net och, datt dat net mënscherechtlech korrekt ass, datt eng Datespeicherung op Vorrat, esou wéi se bis elo funktionéiert, wéi den Europäesche Gerichtshaff se gekippt huet, datt Der déi zu Lëtzebuerg wëllt weiderféieren? An ech sinn iwwerzeegt, wann d'CSV sech géint d'Vorratsdatespeicherung gewiert hätt, dann hätt d'Regierung net der CSV hir Position brauchen ze iwwerhuelen. Also ass dat eng relativ eesäiteg Position.

Mä, an dat ass dat, wat mech beonrouegt an där ganzer Diskussion: Déi Problematik vum Recours, déi hei besteet oder déi hei ewechfält, déi eis och staatsrechtlech interesséiert, déi betrëfft awer net nëmme Räicher a Superräicher, am Géigesaz zu deem, wat vläicht gemengt gëtt, déi kann och ganz aner Leit betreffen.

Ech wëll lech einfach ee Beispill ginn. Komm mir huelen d'Beispill vun enger türkescher Flüchtling, déi zu Lëtzebuerg ass, hei Asyl huet a wou deem türkesche Stat gäre wéisst, mat wem huet dat wat ze dinne. Ma deem türkesche Stat, déi türkesch Autoritéit kann iwwert d'Lëtzebuergesch Autoritéit verlaangen, wéi eng Virement, wéi eng Iwwerweisung mécht déi wouhinne. A si huet emol net d'Recht, fir et gewuer ze ginn! Et sinn Drëtpersonen, déi mat erakommen, déi et net gewuer ginn. An dat si wierklech d'Prinzipie vu Rechtsstaatlechkeet, déi hei a Fro gestallt sinn an déi mir op déi Aart a Weis net kënne akzeptéieren!

Ech sinn iwwerzeegt, datt iwwert déi Aart a Weis et méiglech ass, Renseignement ze kréien, déi ee vläicht iwwert d'Terrorismusgesetzgebung vum SREL net krit, déi dann iwwert dese Wee kënne gefrot ginn. Also, do gi wesentlech Prinzipie vu Rechtsstaatlechkeet a Fro gestallt, och fir normal Bierger an net nëmme fir Superräicher.

An ech mengen, wann een d'Debatt hei kuckt, an och an der Kommissioun, déi mer gëschter haten, ass d'Regierung eigentlech mal à l'aise. D'Regierung ass mal à l'aise, dat mierkt een an all hiren Aussoen, och déi vun hire Vertrieeder. Mä si seet, komm mir maachen d'Aen zou an duerch, fir dem Impératif vum Forum mondial, fir deem Rechnung ze droen. Souguer wësend, datt, wann ee Recours kënnt, datt d'Cour Constitutionnelle dat doten eventuell kippt, mä en attendant hu mer da mindestens dem Forum mondial do Rechnung gedroen.

An och do, an dat muss ech awer hei soen, och do dréit d'CSV awer eng Responsabilitéit. Et ass jo awer d'CSV, déi jorelaang déi legal an déi illegal Steierhannerzëiung gefërdert huet a sech elo hei kënnt doriwwer opreegt, datt do elo näischt geschitt ass mat rechtsstaatleche Recoursen, fir dat ze verhënneren. Duerfir fannen ech dat wierklech e bëssen heuchleresch, wat hei geschitt. Mir wäerten eis bei deem Projet do enthalen, aus deene verschidde Ursachen, déi ech hei gesot hunn.

An ech soen lech Merci fir d'Diskussion.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Mosar.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir laang an Här Hären, ech hu mer de Mëtteg laang iwwerluecht gehat, ob ech sollt nach intervenéieren, well ech hat um Niveau vu menger Fraktioun en exzellente Virriedner. Mir si vun him gewinnt, datt en ëmmer op eng detailléiert a profund Aart a Weis op d'Projet-de-loien ageet. Ech hunn awer fonnt, en huet dat de Mëtteg extra gutt gemaach, soudatt ech eigentlech net hätt missen de Mëtteg intervenéieren. Wann ech dat...

(Interruption)

Wann ech dat, Här Bodry, awer decidéiert hunn ze maachen, dann ass et, an ech soen dat à l'attention vun deenen zwee Ministeren, well ech ganz schlecht geschlof hunn déi lescht Nuecht.

(Brouhaha)

No där Réunioun, Dir Här Ministeren, déi mer gëschter zesummen haten. An do sinn eng Rei Punkten opgeworf ginn, notamment vum Finanzminister, wou ech mer awer herno d'Méi ginn hunn, an et huet mech, wéi gesot, vill Stonne vu menger Nuecht kascht, fir dat ze recherchéieren. An ech muss lech dann och soen, Här Finanzminister, mä ech kommen herno drop ze schwätzen, datt Der eis gëschter net iwwerall d'Wourecht gesot hutt. An ech wäert lech och do soen, wou dat de Fall ass.

Ier ech awer op déi fundamental Thematik vun deem Projet de loi aginn, wëll ech hei nach

eng Kéier soen, ëm wat et eis hei geet. Et geet eis net drëm, datt mir e Problem hu mam Informatiounsaustausch a mat dem Fait, datt d'Regierung op de Wee vun deem Informatiounsaustausch geet. A mir hunn och kee Problem, Här Finanzminister, datt mer deem Informatiounsaustausch scho vun 2017 u wäerte fonctionnéiere loosse, wéi d'Regierung dat jo proposéiert, an net eréischt vun 2018 un.

Mir hunn och kee Problem, Dir Här Ministeren, mat de Standarde vun der OECD a mir stellen déi Standarden a sech och net a Fro. Wat mir a Fro stellen, an do wäert ech elo drop agoen, ass déi Aart a Weis wéi Dir, Dir Här Justiz- a Finanzministeren, déi Standarden interpretéiert. Et geet eis schlussendlech och hei net drëm, dese Projet onnéidegerweis an d'Längt ze zéien, well mer wëssen, datt et hei och ëm d'Reputatioun vun eisem Land, vun eiser Finanzplaz geet.

A mir hunn ëmmer an der Regierung, an dat wäerte mer och elo an der Opposition, eng verantwortungsvoll Position (veuillez lire: Position ageholl), an duerfir wäerte mer och d'Regierung iwwerall do ënnerstëtzen, wou se Mesuren hält, déi an déi richteg Richtung ginn. Mä mir hunn, a mä Kolleg Gilles Roth huet dat, wéi gesot, op eng exzellent Manéier duergeluecht, e Problem haaptsächlech mat enger Disposition vun deem Projet de loi.

Mir sinn dann och quasiment zu 90 oder 95% mat den Dispositionen vun deem Projet de loi averstanen, allerdéngs net mat enger! An eng Rei vu Kollege si jo och schonn do drop agaangen, soudatt ech elo net méi dat brauch nach eng Kéier am Detail ze maachen. Do, wou ech awer e Problem hunn, an duerfir wollt ech elo och nach eng Kéier hei op d'Riednerpult goen, ass, datt ech d'Impressioun hunn, datt hei, ganz besonnesch vu Regierungssäit, net op déi reell Froe geäntwert gëtt!

An ech erkläre mech. Hei gëtt ëmmer erëm erklärt, datt deejeenigen, géint deem en Informatiounsaustausch leeft, jo d'Méiglechkeet huet, a sengem Pays d'origine e Recours ze maachen. Dat bestreide mir net. Et ass och net do, Dir Här Ministeren, wou mir de Problem hunn. Do, wou mir de Problem hunn, ass, datt et hei ëm eng ganz Kategorie vu Leit geet, déi ee Rétenteurs d'informations nennt. Wee kann dat sinn? Dat kënne natierlech Leit sinn, déi op Banke schaffen. Dat kënne Conféres Affekote sinn. Dat kënne Notairé sinn. Dat kënne Experts comptables sinn. Mä dat kënne och ganz normal Bierger sinn. Dat kann de Frënd oder d'Frëndin vun enger Persoun sinn, déi zum Beispill an Däitschland poursuiviéiert gëtt pour escroquerie fiscale.

An eis geet et hei drëm, Här President, datt déi Leit e Schutz kréien. Well, wéi ass am Moment d'Situatioun? Komm mir huelen e ganz praktescht Beispill, wat ech an de leschten Deeg schonn e puermol geholl hunn. Soe mer, et ass en Här Schmit an Däitschland, deem angeblech hei zu Lëtzebuerg Konten huet a wou dat däitscht Steieramt eng Demande d'échange d'informations bei der Lëtzebuergescher Steierverwaltung mécht.

Elo ass, pas impossible, den Här Schmit Client bei engem hei vun de Confères, déi hei an der Chamber sinn. Da seet d'Steierverwaltung, Här Mosar, Maître Mosar, Maître Reding, Maître Fayot, Dir hutt den Här Schmit als Client, elo hätte mir vun lech gar all Informatiounen iwwert dee Client, all Dokumenter, all Bankextraiten, déi hutt Dir ze verséieren. An da kann de Maître Fayot, de Maître Reding, ech selwer, hu mir emol net d'Méiglechkeet, datt doriwwer iergendwéi eng onofhängeg Instanz apprécieiert, Dir Hären.

An et ass do, wou, ech mengen, all Jurist, an net nëmmen all Jurist, mä all Bierger muss schockéiert sinn, wann et hei drëm geet, an hei geet et net ëm déi Leit, nach eng Kéier, wou d'Demande d'informations, mä hei geet et ëm onbescholte Bierger, déi einfach gesot kréie vun der Steierverwaltung, du hues eis elo déi Informatiounen do ze ginn, an déi hunn emol keng Méiglechkeet, sech dogéint ze wieren. A wa se et net maachen, Dir Dammen an Dir Hären, da gi se zu enger zolitter Amende verdonnert. An et ass do, wou mir e ganz décke Problem dermat hunn.

An ech kommen dann och nach eng Kéier op déi zwee fundamental Problemer, an do, wou ech och absolut net mam Finanzminister d'accord sinn.

Här President, erlaabt Der, datt ech e bësse meng Zäit iwwerschréiden? Ech versichen et...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Vu dass Dir mir ëmmer entgéint komm sidd,...

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Voilà, ech wollt elo soen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...wéi ech Regierungsmember war,...

(Brouhaha)



...a mech normalerweis no enger Minutt ënnerbrach hutt, ginn ech lech ganz gär zwou Minutten.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, ech wosst, datt ech eng kéier géif hei stoen an Dir do sëtzen, duerfir hunn ech ëmmer...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dat kënnt lech nach méi wéi eng kéier vir!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Duerfir hunn ech ëmmer...

(*Hilarité*)

Duerfir hunn ech dovou profitéiert.

Et geet eigentlech hei ëm zwee Problemer. Et geet ëm deen ominéise Recours, wat awer fir mech manner problematesch ass, mä et geet doniewent, an dat ass eigentlech wéineg hei ugeklongen, geet et och ëm de Contrôle de la recevabilité préalable. An dat ass e ganz wichtegt Argument!

An do, Här Minister, kommen ech elo op meng schloflos Nuecht zrëck. Dir hutt gëschter behaapt, et géif kee Land an der Europäescher Unioun ginn, wat iergendwéi e Recours géint esou eng Décisioun vun enger Steierverwaltung géif zouloossen. Vu datt meng...

(*Interruption*)

Jo, dach, dat hu mir awer, ech weess net, d'Kolleege waren... Bon, dann...

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Dat huet kee Mënsch gesot!

(*Brouhaha*)

Dat huet kee Mënsch gesot.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Da kommt, dann... Ech streiden elo net...

(*Interruptions*)

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Ech hat gëschter scho Beispiller erwähnt an der Kommissioun.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Da komme mer drop... Wann Dir dat net gesot hutt, tant mieux!

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Dir hutt schlecht geschlof d'lescht Nuecht.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat gött mir dannoch Argumenter fir dat, wat ech elo wollt développéieren. Mä ech maachen et ganz kuerz. Ech hu mer dat e bësselchen ugekuckt an ech hunn notament an deem Land gekuckt, wou mer jo wahrscheinlech mat déi meeschten Demandes d'échange d'informations kréien, nämlech aus Däitschland. An do gött et, Här Finanzminister, e Gesetz, wat seet, datt géint all Acte administratif, och vun der Steierverwaltung, ëmmer e Recours méiglech ass! An dat Gesetz kann net duerch..., en anert Gesetz kann net dozou dérogiéieren.

D'Bundesverfassungsgericht vu Karlsruhe, wou jo awer eminent Juriste sinn, huet dat an engem Arrêt, wou ech elo leider Gottes d'Referenz net viru mer hunn, confirméiert. An an deemselwechte Kontext wollt ech och soen, Här Finanzminister, e Punkt, iwwert deen elo haut manner geschwat ginn ass, deen awer net onwichtig ass, nämlech deen, datt de Client net am Virfeld dierft informéiert ginn, huet d'Bundesverfassungsgericht gesot, am Kontext vum FATCA, datt déi Dispositioun géint déi däitsch Verfassung géif verstoussen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Deeselwechten Arêt, Här Finanzminister, ass virun e puer Joer vun der belscher Cour Constitutionnelle geholl ginn. Och déi huet constatéiert, datt déi Interdictioun, fir e Client ze informéieren, géif géint déi belsch Verfassung verstoussen. A Frankräich gött et e genaue Contrôle de la recevabilité préalable, dee ganz strikt Konditiounen définiert, ënnert deene kann effektiv esou e Contrôle kommen.

An dat féiert mech dann och derzou, Här Minister, an ech géif wierklech nach eng kéier den Appel hei un lech maachen - well et geet mir wierklech hei net ëm Parteipolitik, et geet hei net ëm Majoritéit, ëm Oppositioun, ëm d'Partei, et geet mir hei ëm d'Saach -, mir hunn lech gëschter gesot: Firwat gitt Der net dohinner an Dir maacht dat, wou d'OECD-Standarden iwwerhaupt kee Problem dermat hätten, nämlech e Contrôle de la recevabilité préalable, deen awer net ka vun der Steierverwaltung selwer gemaach ginn?

Wa mer dat maachen, an ech mengen, jiddwereen, deen e bësselchen eppes vun Droit versteet, dee weess, datt mer, wa mer dat maachen, mir ginn zu Stroossbuerg gi mer domadder bueden. Well mir sinn erëm voll, an dat ass jo vu verschiddene Kolleege och hei gesot ginn, mir si voll an der Hypothees vum Procola-Uerteel, dat heescht an deem Fall ass d'Steierverwaltung déi, déi eng Décisioun hält a se kontrolléiert souguer, ob déi Décisioun och

nach recevabel ass. Dat kann, Dir Dammen an Dir Hären, an engem Rechtsstat net de Fall sinn!

An duerfir nach eng kéier, Här Minister, a komm mir ginn eis déi Zäit. Firwat maache mer net e Contrôle préalable, dee kéint, wéi en matière de référé, vun engem Tribunal administratif net am Contradictoire, net am Contradictoire kéint ofgeseent ginn? Dat géif kee Problem maachen! An ech hu mer alleguerten d'Dispositiounen vun der OECD ugelies. Et ass näischt, wat eis do géif empêcheieren, op dee Wee ze goen. Duerfir nach eng kéier, ech hätt och net gär, wann herno géif gesot ginn, d'CSV hätt hei blockéiert. Mir wëllen lech hëllefen, e Wee ze fannen, dee vill méi kompatibel wär. An duerfir nach eng kéier déi Offer, déi ech do wollt maachen.

Här President, ech kommen zum Schluss, ech hätt zwar nach ganz vill Saachen ze soen, mä et ass awer eppes, wat mer och nach ganz besonnesch, Dir Dammen an Dir Hären, um Härz läit. Och e Punkt, deen net ugeschwat ginn ass, an dat ass dee vum Dateschutz. De Kolleeg Justin Turpel huet et ugeschwat, an ech muss lech soen, Dir hutt et matkritt - an déi Fro wollt ech och nach eng kéier dem Finanzminister stellen -, an Zukunft dierfen déi Informatiounen, déi vun de Banken oder vun anere Réteuteurs d'informations communiquéiert ginn, net méi maskéiert sinn. Dierfen net méi maskéiert sinn!

Elo stellt lech emol e bësse vir, wann aus enger Bank en Dossier communiquéiert gött mat Extraiten: Do ginn Nimm vu ganz villen onbescholtene Bierger genannt. Déi gi communiquéiert, déi zirkuléieren an der Weltgeschichte!

Här President, ech muss lech soen, ech hunn Angst virun enger Gesellschaft, wou de Stat an dat Intiimst vu menger Privatsphär en Abléck huet,...

(*Interruption*)

...an dat ouni déi geréngste Kontroll vun der Justiz! Ech muss lech soen, dat ass grav, an dat si mer amgaangen ze maachen. Än ech verstinn och net, ganz besonnesch déi gréng Kolleege, déi net midd ginn, andauernd géint den TTIP ze jäizen, géint den TiSA ze jäizen, wou se soen, mir géifen eis Standarden opginn.

Wat maache mer dann hei, Dir Dammen an Dir Hären? Mir ginn hei Standarden op, déi a jorzéngtelaange Jurisprudenze vun der Cour vu Stroossbuerg ëmmer erëm confirméiert gi sinn. Dat maache mer, Dir Dammen an Dir Hären!

Ech kommen zum Schluss. Ech géif wierklech nach eng kéier wëllen en Appell un d'Regierung maachen: Iwwerleet lech dat do nach eng kéier! Et geet net op eng Woch oder 14 Deeg un. Mir schaffe mat. Mir schaffe mat!

Mä ech hätt net gär, an ech gehéieren zu deenen, mam Kolleeg Alex Bodry, dem Kolleeg Gibéryens Gast, déi scho méi laang derbäi sinn, mir hunn, ech soen, dee Kampf matgemaach, wéi mer déi Juridictions administratives 1996 - den Alex Bodry huet e ganz grouse Mérite dorunner gehat, och de Paul-Henri Meyers -, ech hätt net gär, datt mer haut deen éischte Réckschrétt maachen, datt mer erëm zrëck ginn. Mir hunn deemools eng grouss Reform gemaach.

Dir Dammen an Dir Hären, denkt no, ier Der herno op de Knäppchen dréckt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An ech denke jo, dass mäi Virgänger dat ze apprécieiere weess, dass ech en net a senge Rësonnemente ënnerbrach hunn, an ech hofen, dass en net nach eng kéier eng schloflos Nuecht verbréngt weinst deem schlechte Gewëssen, dat e vis-à-vis vu fréiere Regierungsmemberen huet.

Voilà, dat gesot, géif ech d'Wuert un de Finanzminister ginn. Här Gramegna.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut stëmme mer effektiv e ganz wichtege Projet de loi. Ech erënnere mech nach ganz gutt un den éischten Dag an der Regierung an och un d'Passation des pouvoirs mam Luc Frieden, dass dat heiten, déi Problemer, déi mer am Global Forum hunn, dass dat deen alleréischte Sujet war, dee mer an der Regierung hu missen diskutéieren. Mir hunn dee missen diskutéieren, well mer do eng katastrophal Zensur kritt hunn. Mir waren emol net „partially compliant“, mir sinn einfach riicht duerchgefall!

An ech hat mer virgeholl, an d'Regierung hat sech virgeholl, a se huet sech dru gehalen, dass se alles géif drusetzen, fir a kierzester Zäit all déi Saachen, wou mer net konform sinn, riichtzebéien. An ech kann lech soen, dat war eng

grouss Aarbecht. An haut ass dee leschte vun deene Projet-de-loien, déi hei virun der Chamber sinn.

Ech wëll ee klenge Rappel maachen, wat mer scho bis elo gemaach hunn. Mir hunn op den 1. Januar schonn eng Pratique administrative gemaach, eng Circulaire administrative, fir verschidde Punkten, déi elo hei am Gesetzestext sinn, schonn direkt kënnen ëmzesetzen, fir eise gudde Wëllen ze beweisen. Zweetens hu mer d'Konventioun vun der OCDE iwwert d'Assistance administrative mutuelle hei an der Chamber am Mee ratifizéiert. Am Juli hu mer d'Gesetz iwwert d'Parts au porteur hei an der Chamber gestëmmt. An haut wäerte mer hoffentlech kënnen och dat heite Gesetz iwwert d'Prozedure vum Échange d'informations (veuillez lire: de renseignements) sur demande kënnen stëmmen.

Ech soen dem Rapporteur Guy Arendt villmools Merci fir säi Bericht a fir säin Asaz an där ganzer Saach. Et ass extrem wichtig, an ech wäert lech elo gläich iwwert d'Enjeue schwätzen, dass mer hei séier handeln. Ech wëll och ënnersträichen, dat ass indirekt heimat verbonnen, dass d'Regierung jo och versicht huet, an der Kontinuitéit ze schaffen. An der Kontinuitéit, wat den Échange automatique ubelaangt, an dat hu mer, mengen ech, beschtens ënnerstrach, andeem mer d'lescht Woch zu Berlin déi Konventioun „early adopters“ ënnerschriwwen hunn, déi fest virgesäit, dass Lëtzebuerg am Peloton de tête ass, fir den Échange automatique op alle Revenuen op den 1. Januar 2017 ze maachen.

Ech kann lech soen, dass duerch all déi Efforten, dat heescht déi Mesuren, déi mer bis elo geholl hu fir de Global Forum an och duerch déi Ennerschrëft zu Berlin, mengen ech, en termes vu Reputatioun a Kredibilitéit viles gutt gemaach hunn. An et war héich Zäit, dass mer dat gemaach hunn!

Wat sinn dann elo wierklech d'Enjeuen? Et ass vill vun der Place financière geschwat ginn. Ech soen lech, wat d'Enjeue si vun eisem Land a vun eiser Place financière.

Éischtens emol hu mer eng Période de grâce, déi geet bis Januar vum nächste Joer. Wa mer bis dohinner net prett sinn - an dat comportéiert dat heite Gesetz -, wa mer net prett sinn, fir eng nei Evaluatioun ze kréie vun der OCDE a vum Global Forum, da kënnen déi international finanziell Institutiounen, déi hei zu Lëtzebuerg ugesiedelt sinn, iwwerhaupt net méi um internationale Marché fonctionnéieren. Et muss ee sech emol virstellen, wat dat heescht. Dat ass keng Klengegkeet.

Zweetens: E Land, wéi d'Belsch, huet eng Législatioun geholl, wa mir och da bis d'nächst Joer net konform sinn, dass all Virement vun iwwer honnertdausend Euro an e Land, wat net transparent ass - esou si mir elo qualifizéiert; ech wëll ënnersträichen, mir sinn op enger Lëscht, ech wëll elo d'Fuerf net vun der Kategorie soen, mir sinn op enger Lëscht, op enger ganz schlimmer Lëscht -, dass all Paiement vun iwwer honnertdausend Euro, deen aus der Belsch an esou e Land gemaach gött, muss préalablement kontrolléiert ginn. Dat muss ee sech emol virstellen. Dat Land, mat deem mer virdrun an enger Union économique et monétaire waren.

Drëtzens: Well mer als non transparent kategoriséiert sinn, riskéiert eise ganze Régime fiscal, alles wat mer hunn, als net méi konform ugesinn ze ginn. Mir hunn also direkt, géif ech soen, e schwaarzt Schëld.

A véiertens kéinten alleguerten eis Convention-fiscale mat deenen anere Länner, déi mer hunn, vun deene Länner dénoncéiert ginn, wa mer näischt maachen. Dat ass näischt Klenges.

Et geet also iwwer ganz konkret Saachen an et geet en fin de compte ëm eis Reputatioun. Dat ass dat allerwichtigst, wat mer hunn. An der Reputatioun hu mer den Triple A - dat ass déi finanziell Reputatioun - a mir hunn d'Reputatioun, wéi mer ugesi gi vun all deenen anere Staten, déi mat eis schaffen. An dat ass dat, wat der Regierung hei um Härz läit.

An dee leschte Punkt, deen ech wëll och ënnersträichen: Déi Transparenz, an déi mer eis hei beginn, dat ass keen Nodeel fir Lëtzebuerg. Dat bréngt nei Opportunitéiten. An deene leschte Méint a Joren ass de Secret bancaire fir Lëtzebuerg en Nodeel ginn. En Nodeel, well mer ee vun deenen eenzege waren, dee sech nach fir dee geschloen huet. E correspondéiert net méi zu eiser Zäit. D'Welt huet geännert. Se huet och haaptsächlech 2008 geännert, wéi déi grouss Kris komm ass an all déi Länner versicht hunn, méi u Suen ze kommen. An natierlech, well d'Amerikaner d'Initiativ vum FATCA geholl hunn.

D'Welt huet sech geännert. An den Échange d'informations ass eng Pratique, dat ass eppes..., déi ass et virdrun net ginn an dat wierfelt dee ganzen Droit international duerch-

erneen. Dofir stelle mir eis hei Froen iwwer Recoursen - ech kommen nach drop ze schwätzen. Mä mir sinn do nach ëmmer am ale Modell a wa mer weider am ale Modell rësonéieren, da fanne mer net déi richteg Léisungen.

A leschte Punkt, fir dass ech e bëssen an d'Gesetz selwer nach eraginn, fir ze soen: Et ass fundamental ze verstoen, dass de Global Forum sech net mat formelle Gesetzer begnügt. Et geet net duer, wa mir haut soen: De 4. November hu mir dat drëtt Gesetz hei gestëmmt, fir konform ze sinn. Déi éischt Fro, déi duerno kënnt, ass: Majo, da kucke mer mol, wat Der an d'Gesetz geschriwwen hutt, a wéi dat ëmgesat gött. An de Risque, dee mer mussen évitieren, dat ass, dass mer eng Période d'examen kréien, de Contrôle, wou gekuckt gött, wéi eis Gesetzer fonctionnéieren.

Den Haaptnodeel - an do kommen ech dann an de Vif vum Sujet - ass, dass eis Jurisprudence administrative actuelle eng Entrave à l'échange de renseignements ass. Eis Prozedur, wéi mer se hate vum 2010er Gesetz, iwwert dat esou vill geschwat ginn ass, ass komplett auserneegeholl gi vum Global Forum an et ass gesot ginn: Dat ass net effikass. Um Pabeier gesäit den Text uerdentlech aus, mä an der Pratique gött en ausgehielegt. Dat ass d'Realitéit, op déi mer hu misse reagieren.

Ech wäert also op dräi Punkten elo agoen: 1. D'Pertinence vraisemblable, dat ass eben de Contrôle vun der Régularité formelle. Do wëll ech ënnersträichen, dass d'Administration fiscale, déi jo compétente ass, e Contrôle ka maachen. A wa se Doutten huet, ka se jo nofroen.

2. Verschidde Saachen, déi hei gesot gi sinn iwwert de Secret professionnel... Ech wëll soen, dass de Secret professionnel vum Affekot, de Secret de fabrication, dass déi agehale ginn, mat verschidde Limiten, mä déi ginn am Prinzip agehalen. Dat steet an der OCDE dran.

3. Den Ordre public dierf och net violéiert ginn. Et ass also net, wéi wann d'Administration des Contributions déi Demanden hält a se einfach weiderleet.

Et ass iwwert den Noircissement geschwat ginn, dass dat ganz schlimmer wier, dass mir dat net méi dierfe maachen. Dat war ee vun den Hauptreprochë vum Global Forum, dass mer d'Donnéeën net géife komplett eriiwwer ginn. Wëlle mer da weider an déi Richtung schaffen? Ech mengen net.

Zweete Punkt: Dat ass d'Information vum Contribuabel. Dat ass och en extrem wesentleche Punkt, wou mir ëmmer Problemer haten an der Mise en œuvre. An de Conseil d'État huet zu Recht proposéiert, dass mer dat sollten elo duerchzéien, wéi dat effectivement am Global Forum virgesinn ass.

E Wuert zu de Recoursen, wat jo de Sujet ass, deen hei am meeschte fir Suerge gesuergt huet. An ech hunn och herno fënnf Minutten fir de Félix Braz, eise Justizminister, gelooss, fir dass hien och nach kann op dee Sujet agoen. Mä ech wëll awer och selwer e puer Wuert dozou soen.

Éischtens emol, de Recours en réformation bleift bestoe par rapport zu den Amendes, déi kënnen infligéiert ginn. Mä wat elo de Recours selwer ubelaangt: Den Artikel 6 vun der Convention des droits de l'Homme ass zitéiert ginn - ech mengen, d'Regierung huet dat gekuckt, dat applizéiert sech net en matière fiscale an nëmmen en matière pénale.

Zweete Punkt - an ech mengen, dat ass deen allerwichtigsten; dat ass dat, wou ech soen, dass mer an enger anerer Welt sinn -: Den Droit de défense vum Contribuabel, dee muss gewahrt ginn am État requérant. Dat ass de Prinzip, dat ass esou am Global Forum an an der OCDE virgesinn. A firwat soll dat am État requérant sinn? Majo, well et par définition sech ëm Nonrésidents handelt. Et geet jo par définition net ëm Leit, déi hei résident sinn. Et geet drëms, dass et Leit sinn, wou Informatiounen gefrot sinn, déi net hei am Land sinn.

An dann, dat heescht nach ëmmer net, dass do iwwerhaupt näischt gekuckt gött. Et gött och an der OCDE generell Prinzipiepunkten - Nummer 1.

Zweetens hu mer international Konventiounen, déi mat deene Länner ofgeschloss gi sinn. An do gött et och Prinzipien. A wa sech do Länner net drun halen, kënnen mer déi dénoncéieren.

An drëtzens, an der Pratique: Mat weem maache mer deen Échange automatique am meeschten? Majo haaptsächlech mat eisen Nopeschlänner. D'Nummer 1 dovunner ass haaptsächlech Frankräich. A wat muss en fait erreecht ginn en fin de compte? Dat ass, dass



mer deenen Demandes d'informations kënnen gerecht ginn.

Ech wëll awer och ganz kloer soen, dass dee ganzen Domän vum Échange d'informations sur demande, vun deem mer haut schwätzen, jo en fait elo nach just e klengen Deel vum Eisberg gëtt. Well à partir vum 1. Januar 2015 maache mer jo den Échange automatique fir d'Revenus de l'épargne - dat Gesetz ass elo virgesi fir just hei hannerun deem heiten, wa mer dat nach haut maachen, on verra bien.

Den 1. Januar 2017 maache mer généralement Échanges d'informations op alle Revenuen a mat den Amerikaner maache mer jo FATCA. Dat heescht, deen heiten Domän vum Échanges d'informations sur demande gëtt d'Exception. E gëtt net ofgeschafft - mir hunn doriwwe geschwat an der Cofibu -, mä e gëtt wierklech eng Exception.

D'Konklusioun: Den Haaptreproche, dee Lëtzebuerg gemaach ginn ass, war net, dass eis Regeln net an der Rei waren, mä dass eis Pratique ineffikass war. An de Projet, dee mer hei déposieren, ass d'Antwort drop.

Zweetens: Mir mussen alles maachen, fir vun där Lëscht erfrokommen, fir dass mer net méi als ontransparent Land dohinnergestallt ginn a fir dass eis Finanzplaz kann erëm roueg sech weiterentwickelen.

Ech wëll och hei ennersträichen - well ech déi Remarque ganz bizarre fonnt hunn -, dass alleguerten d'Acteuren, déi an der Procédure législative gefrot ginn, hei gefrot gi sinn, an d'Chambre de Commerce jo en Avis gemaach huet. An d'Chambre de Commerce, do sinn d'Banke Memberen, do sinn alleguerten déi Acteure vun der Finanzplaz dra vertrueden. Et ass also net esou, dass déi net consultéiert gi wieren.

An ech wëll och soen: Mir hu mat den Acteure vun der Finanzplaz iwwert déi heite Saach in extenso geschwat.

A last, but not least: Ech kann lech versécheren, dass dës Regierung alles wäert maachen, nodeem mer dat heite Gesetz gestëmmt hunn, fir d'Procédure am Global Forum anzuleeden, fir dass mer esou séier wéi méiglech eng nei Evaluation kréien, a fir endlech vun där schlechter Lëscht, vun där schlechter Platz, wou mer do stinn, ewechzekommen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Finanzminister. An zum Schluss huet de Justizminister nach d'Wuert.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Ech wäert och probéieren, mech kuerz ze halen, fir déi Zäit, déi d'Regierung hat, net ze vill ze strapazéieren. Mä ech mengen, mat de 15 Minuten, et sinn der nach zwou, wäert et net ganz duergoen.

Den Här Reding huet virduen a senger Intervention dem Finanzminister mat enger Récktrëttsfuerderung gedroht, fir de Fall, dass eng Kéier Riichter an descht géifen tranchéieren, wéi dat haut vun der Regierung hei proposéiert gëtt. E berëfft sech do op lauter eminent Juristen - dat sinn déi, déi senger Meinung sinn -, déi géifen dann hei eendeiteg iwwerhand hunn. Ech wëll awer dofir fir d'Eischt dem Rapporteur Merci soen, deen och en eminent Jurist ass, dee souguer Bâtonnier war an deen dese Projet hei gutt erkläert huet, gutt verteidegt huet, an och wäert matstëmmen. A seng Meinung ass mir - mat allem Respekt, Här Reding - esou vill wäert och wéi Är Meinung an där heite Saach.

Op déi fiskal Aspekter ass de Finanzminister schonn agangen. Ech wëll déi dofir net verdéiwen. Ech hunn och, wéi den Här Turpel, gëschter déi gemeinsam Kommissiounssitzung eng ganz flott fonnt, déi wierklech eng flott Debatt hat, déi mer haut och weidergefouert hunn, wou och den Här Turpel sech sichtlech wuegellit huet. En huet Opposition géint d'Majoritéit gemaach an Opposition géint d'Opposition. Dat war vill Gléck op engem Nomëtteg eleng.

Mä de Geck an den Eck. Et ass e wichtige Projet och fir e Justizminister, well en d'Lëtzeburger Finanzplaz aus enger Rei vu Kritiken an Zukunft eraushält. Mir probéieren a schaffen un enger propper Finanzplaz. Dat ass en eierbart Zil an dat kann ech och nëmmen ennerstetzen.

Ech wëll awer e puer Saache just rappeléieren, well vill och iwwer Prinzipielles geschwat ginn ass. Also ech kommen herno nach kuerz dozou. Dëst Gesetz ass awer en Iwwergangsgesetz.

Déi Prinzipien, déi hei esou héich diskutéiert gi sinn, sinn, wat de Volet Intérêt betrëfft, do duerch dass ab dem 1. Januar 2015 déi Regeln, déi an der Direktiv beschriwwen sinn, an der Europäescher Unioun applizéiert ginn, gëllt also dëst Gesetz fir déi Länner, déi ab dem 1. Januar déi Regeln applizéieren, just fir sechs Wochen oder siwe Woche vum Vote vun haut un.

Da si mer am Échange automatique. A wat heescht „automatique“? Ben, automatique, vum selwen! Do gëtt kee méi gefrot, ob en dëst kaucken oder ob en hei Bauchwéi huet, ob en do de Schong huet, deen en dréckt. Dann ass et automatesch. Also fir de Volet EU schwätze mer hei vu siwe Wochen, wou déi Prinzipien hei a Gefor wieren, wat net meng Meinung ass.

Fir all déi, déi d'OECD-Standard respektéieren, wier et zwee Joer méi laang. Duerno bleift dëst Gesetz wuel bestoen. D'Gesetz bleift bestoe fir all déi Länner, déi net an der EU déi Standard respektéieren, fir all déi Länner, déi net an der OECD sinn an déi Standard respektéieren. Mä à condition, dass virduen au moins en Accord bilatéral tëscht Lëtzebuerg an deem Land ofgeschloss ginn ass. Soss kënn dat Gesetz hei do net zum Droen.

Et ass also e ganz kontrolléierbaren, iwwerschaubare Risiko, wa mir selwer de Schlüssel hunn zu där Dier, déi zu deem Raum hei féiert. Dofir, mengen ech, soll een dat heiten och gäre prinzipiell diskutéieren. Et ass eng flott Debatt. Mä et muss een awer och mat zwee Féiss um Buedem bleiwen an déi reell Implikatiounen kucken, déi heirauser kënnen respektéieren an den nächste siwe Wochen, a fir déi aner an den nächsten zwee Joer.

Mä et si wichteg Froen. Ech si ganz domat d'accord. An ech ginn dem Här Roth och recht, den Zweck hellegt net d'Mëttel. Dat géif ech als Justizminister, wann et ëm rechtsstaatlech Prinzipie geet, och net kënnen dulden. Hätt ech also hei Zweifel drun, an et ass keng Science exacte den Droit, mä hätt ech hei wesentlech Zweifel drun, dass déi Rechtsprinzipien net respektéiert ginn, da géif fir mech den Zweck d'Mëttel net hellegen. Et geschitt och hei net, ass hei net de Fall. An ech soen och elo gläich firwat.

Ech wëll och dem Här Roth soen, dass em bestëmmt net entgaangen ass, dass am initiale Projet de loi e Recours virgesi war. D'Regierung huet also duerchaus sech genau déiselwecht Froe gestallt a war der Meinung, par précaution wier et vläicht eng Optioun, dat ze maachen.

Et ass de Statsrot, deen a sengem Avis eng Argumentation développéiert huet, déi d'Kommissioun hir eege gemaach huet an déi d'Regierung ausdrécklech ennerstëtzt. Mir sinn der Meinung, dass de Statsrot do gutt argumentéiert huet. De Statsrot beweegt sech eigentlech a senger Logik schonn am Échange automatique. De Statsrot seet, komm mir si verstänneg, d'Logik ass déi, op déi mer duersteieren. An en huet duerfir am Fong konsequenterweis hei eng aner Approche ugehol, op der Fro vum Recours, déi mir awer och kënnen deelen.

Den Här Roth sot och virduen, dat hei wier eng logesch Suite vun all deem, wat an de leschte Jore war. Dir gitt awer zum Schluss da selwer e bëssen onlogesch vun Ärer Argumentation. Dat gëllt fir d'ganz CSV-Fraktioun, och wat den Här Mosar gesot huet. Wann Der nämlech ufängt, d'OECD a Fro ze stellen um Enn vun Ärer Intervention - an dat kléngt gutt, et gëtt och vill Leit, déi dat gären héieren -, da stellt Der d'OECD op eemol prinzipiell a Fro! Dat wier e komesche Veräin, deen net legitiméiert wier, seet den Här Reding. Dir sot et mat anere Wieder eigentlech och a sot, dat wäert awer eppes Gelungenes. Gëschter hutt Der en Ausdrock...

(**Interruption**)

Dach!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Do ass en Ennerscheid. Ech hu vum Forum mondial vun der OCDE geschwat...

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Jo, selbstverständlech!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - ...wat net déi ganz OCDE ass mat dem Comité des ministres.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Et ass an der Rei. Et ännert näischt drun, dass Der, Här Roth, gëschter a wéineg appréciablen Termen um Radio gesot hutt, d'Regierung hätt d'Box erfogeloss. Ech mengen net, dass dat déi Terminologie hei ass, déi passend wier.

Mä Är Partei, Äre Finanzminister huet an de leschte Joren net manner, Här Roth, net manner wéi 42 bilateral Konventionen - 42 bilateral Konventionen! - huet de viregte Finanzminister vun der CSV an dräi Gesetzesprojeten tëschent 2010 an 2013 en conformité mat der

Norme internationale gesat. En huet also grouse Respekt virun der OECD an all hiren Tenants et aboutissants an Ennerstrukturen.

Fir dann ze kommen an ze soen, Dir hätt elo awer e bësse Problemer mat där OECD insgesamt. Beim beschte Wëllen, fir dat mannst ze soen, dat ass net terribel kredibel, wat Der do maacht! Wann Der an Zäit vun dräi Joer 42 Konventionen hei an d'Chamber bruecht hutt, wou mer dann eis un d'OECD-Norme wëllen halen, zu Recht, mä da faalt elo net ëm a bleift dann och wierklech logesch bis zum Schluss an drot déi heite Saachen dann och wann ech gelift mat.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Dann zu der Europäescher Mënscherechtskonvention. De Barreau werft a sengem Avis eng Rei Froen op an ech huele selbstverständlech déi Froen do och ganz seriö.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Braz, den Här Roth wëllt...

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Et ass scho spët, duerfir maache mer dat net ze laang.

Mä Dir sidd mat mer eens, dass en Ennerscheid ass tëschent enger Konvention, déi d'OCDE ofschléist, notamment d'Konvention, d'Modellkonvention vun der OCDE, a Recommandatiounen, déi e Forum mondial, dee besat ass vu Beamten, mécht; do sidd Der mat mer eens. Well all Konvention, déi d'OCDE gemaach huet, déi hu mer no de rechtsstaatleche Prinzipien, hu mer déi hei an der Chamber och guttgeheescht, nodeem d'Regierung se ennerschriwwen huet.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Dann denkt dat do zu Enn. Dat heescht jo dann am Kloertext, dass mer deen zweetgenannte Veräin, dee jo dann net esou dichteg ass an Ären Aen, sollen ignoréieren. Mä da geschitt dat, wat de Finanzminister eis virdu beschriwwen huet. Dann ass et ëm d'Finanzplaz ganz séier ganz däischter bestallt. An do kënn Dir och net laanscht déi Realitéit do argumentéieren. D'Realitéit, déi sech stellt, ass déiselwecht. Ob et elo d'Konvention OECD ass, oder eben déi Lëscht, op där mer elo drop sinn. Et ass net ënnert deser Regierung geschitt, dass mer do drop komm sinn, et ass ënnert deser Regierung, wou mer probéieren, draus erauszekommen.

Zum Avis vum Barreau zu den Artikele 6 an 13 vum Procès équitable an dem Recours effectif. Do gëtt hei behaupt, déi géif et elo net méi ginn. Dat ass a mengen Aen net richtig. A mir hunn och net nëmme mat den Argumenter vum Statsrot, mä och mat anere Juriste geschwat an héije Magistraten, déi dat do net deelen. Woufir? Majo, well an deem heite Fall, an dat ass eben deen neie Mechanismus, deen ass vläicht nach net iwwerall assimiléiert, dat dote gëtt garantéiert am État requérant. Mir sinn hei net an der Entraide judiciaire an et kann een och dofir net par analogie argumentéieren.

Mir sinn hei an der Matière administrative. Mir huelen hei um Fong keng Décisioun. Mir exécutéieren international Engagements, déi mer agange sinn. Sur simple demande ginn déi exécutéiert vun der Steierverwaltung. An am État requérant, net am État requis, ginn all d'Décisiounen quant au fond geholl. An do spille selbstverständlech sämtlech Regeln, och déi vum Artikel 6, och déi vum Artikel 13.

An da muss dann do deen, dee viséiert ass, seng Rechter verteidegen no deene Regeln, déi et an deem Land gëtt. Dat sinn déiselwecht wéi bei eis zum Deel, zum Deel och aner. Mä ënnert dem Chapeau vun de Länner, déi et betrëfft, vun der...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Minister, erlaabt Der eng Zwëschebemierkung vum Här Reding?

► **M. Roy Reding (ADR).** - Eng ganz kleng Fro.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Mat der Bitt och, fir zur Konklusioun ze kommen, well ech hunn lech déiselwecht Latitude gi wéi de Spriecher vun der CSV. Mä ech mengen, mir missten elo zur Konklusioun kommen.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Wou huet den Détenteur vum Renseignement e Recours?

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Ech kommen dozou. Ech kommen dozou.

► **Une voix.** - Et gëtt esou lues Zäit.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Deen, ëm deen et geet... Jo, neen, neen.

(**Interruptions**)

Also, wëllt Der eng seriö Diskussioun oder net? Solle mer an 30 Sekonne bâcléieren?

Hei geet et ëm fundamental Froen. Ech stelle mech all de Froen, alle Froen vun de Kollegen

Deputéierten. Da muss ech awer och d'Méiglechkeet hunn, drop ze äntwerte mat enger déelopéierter Argumentation. Dir hutt zesumme bal 40 Minutte geschwat. Ech probéieren dat do an néng Minuten ze maachen.

Et ass also hei falsch ze behaupten, et géif kee Recours quant au fond ginn. Déi Recours gëlle selbstverständlech am État requérant a si musen d'Norme respektéieren. Ech mengen, dat ass kloer. Et ass falsch ze behaupten, et géife keng Recours ginn!

An da kënn déi Fro, déi dem Här Mosar Nuechten ouni Schlof besuergt.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech kann nach eng Nuecht net schlafen.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Wou och de Virwurf gëscht an der Kommissioun gemaach ginn ass, hei wier een an deesewechte Juge et Partie. Den Här Roth huet och gesot, gëscht an der Kommissioun wier zum Deel net alles gesot ginn. Ech mengen, dat ass net ganz richtig.

Dir hutt gëscht an der Kommissioun behaupt, dat hei wier déi eenzeg Matière, wou mer kee Recours méi hätten. Dat ass awer net richtig. Dat hunn ech lech och gëscht scho geäntwert. Mir hunn am Gesetz vum 2010 de Recours en nullité an der Matière vun der Entraide judiciaire ofgeschaf. De Recours - soss hätte mer d'Gesetz net brächten ze änneren -, de Recours formel, wéi en hei verlaangt gëtt, ass och an der Matière vun der Entraide judiciaire 2010 ofgeschaf ginn, an ass ersat ginn duerch dat, wat den Här Roth ganz richtig beschriwwen huet. Domadder hu mer elo déi ganz Geschicht gezielt vu gëscht.

Dir hat och en Deel vergiess ze erwähnen, nämlech deen, dass de Recours, wéi en am Gesetz stoung, annulléiert ginn ass an duerch eppes, wat kee Recours ass, et ass eng aner Prozedur... Woubäi, Dir sot, d'Chambre du Conseil géif dat maachen. Ech géif dann och gäre wëssen, wou dat um Niveau vum Administratif da sollt gemaach ginn. Do gëtt et keng esou eng praktesch Saache wéi eng Chambre du Conseil. Remarque um Rand a klamer zou.

Da kënn dann déi Remarque, déi dann och de Steierdirekter hei namentlech an d'Gespräch bruecht huet. Ech mengen, wou awer jiddweree Vertrauen dran huet. Déi Saach vum Juge et Partie, well e kritt eng Demande aus dem Ausland an da seet en, ech froen elo bei engem Détenteur d'information - an net, Här Mosar, wéi Dir lech an engem freudsche Lapsus ausgedréckt hutt mam „Rétenteur d'information“, et ass en „Détenteur d'information“, dat ass alles nach ganz legal...

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Et kann och e Rétenteur ginn!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Jo, jo. An net kriminell. An da seet de Steierdirekter, ma ech froen elo no, sief et eng Bank, sief et en Affekt. De Finanzminister huet scho rappeléiert, de Secret professionnel ass hei net tangéiert vun der Diskussioun. Et muss een et awer vläicht rappeléieren, dass dat kloer ass. An dann exécutéiert dee sech net. Well en ass net d'accord, dass en dat gefrot gëtt an e wëllt sech net exécutéieren. Da kritt en natierlech eng Amende, an déi ass gepeffert, dat ka bis 250.000 Euro goen!

Mä géint déi besteet selbstverständlech e Recours. Et ass also och do falsch, fir ze soen, et géif guer kee Recours. Dat ass net richtig. Et kann een, wann een eng Amende kritt huet, e Recours en réformation maache vum Lëtzeburger Verwaltungsgericht, an déi kucken dat dann am Detail, ob déi justifiéiert ass oder net. De Fong, ob déi Demande iwwerhaupt hätt solle kommen, déi mir just ze exécutéieren an net quant au fond ze analyséieren hunn, dat spillt erëm am État requérant.

Dofir, et gëtt, quant au fond, selbstverständlech e Recours och an deser Matière, dans l'État requérant, wat logesch ass. An et gëllt, wann een d'Amende bis kritt huet vun der Steierverwaltung, selbstverständlech weiderhin e Recours en réformation virun der Lëtzeburger Verwaltungsgerichtsbarkeit. Dofir, déi Behauptung, dass dee Recours net do ass, ass weder um Fong nach duerno an eisen Ae richtig.

An da kommen ech zum Schluss, Här President, wann Der erlaabt, fir just nach eng lescht Remarque och ze soen.

(**Interruption**)

Eben, genau dat.

(**Interruption et hilarité**)

Genau dat. Lescht Remarque just, Här President. Ech wëll wierklech soen, dass dat, wat an d'Perspektiv gesat ginn ass vum Här Reding, dass um Niveau vun der Cour de Justice vun der Europäescher Unioun, oder och zu Stroosbuerg, dass do kënnen elo Aktiounen intentéiert ginn, an dass de Finanzminister oder déi



ganz Regierung da juristesesch, politesch kéinte responsabel gemaach gi fir en Arrêt an enger Matière, déi jo keng Science exacte ass.

Mir hunn als bescheiden, eminent Juristen awer och zum Beispill ee ganze Statsrot op eiser Säit. Ëmmerhin! Mir lauschtere jo elo hei net kengem no. Mir maache jo net elo just, wat mir zwee fannen. Mir lauschteren hei an dëser Matière der Commission juridique no. Mir lauschteren...

(Interruption)

Mir lauschteren dem Statsrot och no. Dofir muss ech éierlech soen: Egal wéi dat heiten eng Kéier ausget, jiddwereen huet hei seng Voies de recours, jiddwereen huet seng Rechter, déi e kann applizéieren. A mir sinn do, fir déi ze verteidegen. A soss guer näischt! An dat wäerte mir och maachen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Parole après ministre.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, Dir hutt jiddwer Zäit d'Méiglechkeet, fir Parole après ministre ze froen.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Voilà, ech géif awer...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Ech brauch lech net ze soen...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech wéilt dem Minister Folgendes soen: E mécht hei erm eng Confusioun zwëschent dem Recours en réformation an dem Recours en annulation. Nach eng Kéier, déi Drëttersounen, an dorëm geet et, Här Minister, müssen e Recours en annulation hunn.

Ech zitëieren lech just elo aus engem Artikel, net datt Der sot, dat wier eleng meng Meinung, aus engem Artikel vun engem eminenten Affekot, Jurist, dee viru Kuerzem zu där ganzer Problematik sech artikuléiert huet. Deen also genau dat seet, wat mir och soen.

Ech liesen lech et vir: «L'approche retenue» - also déi, déi Dir hei zrëckbehaalt, fir kee Recours en annulation ze maachen - «est finalement également une entorse au principe de base de la loi du 7 novembre 1996, qui a créé les juridictions administratives. Selon cette loi, qui, on se le rappellera, avait été introduite en droit luxembourgeois en tant que réaction à une condamnation du Luxembourg devant la Cour européenne des Droits de l'Homme, il y aurait devant les juridictions administratives, possibilité d'un recours contre strictement toute forme d'acte administratif émanant d'une autorité luxembourgeoise, en cas de „violation de la loi ou des formes destinées à protéger les intérêts privés“.» A lauschtert gutt no: «Il y aura à l'avenir une exception à ce principe.»

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, selbstverständlech, Här Minister.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice.*- Ech widderhuele mech vläicht, mä ech soen nach eng Kéier, an deem dote Fall hunn déi Leit e Recours um Fong am...

(Interruption)

Mä dach, Här Mosar. Dat ass awer...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Et geet hei ëm de Recours en annulation an net ëm de Recours en réformation. Si hunn e Recours en réformation, mä kee Recours en annulation!

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice.*- Dee Mechanismus, deem hei a Plaz gesat gëtt - elo kann ee mat deem fundamental net zefridde sinn, fundamental net glécklech sinn -, mä e funktionéiert nun emol esou, dass den État requérant, deem hei sech zu Lëtzebuerg informéiert iwwert dat, wat seng Bierger eventuell hei hunn, dat gëtt am État requérant au fond vun A bis Z traitéiert. Dat ass awer nun emol de Mechanismus, deem hei a Plaz gesat gëtt, fir dass déi Zort vu Steuerflucht, vu Steuerbedruch an Zukunft ka bekämpft ginn. Dat gëtt heimmadder méiglech. Wann een dat als Mechanismus fundamental a Fro stellt, ass een eigentlech fundamental mam Mechanismus, deem a Plaz gesat soll ginn, net averstanen.

D'Regierung ass awer der Meinung, dass dee wichtig ass. An dofir ënnerstëtze mer deem.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm an ech géif de Vote iwwert den Ensembl vum Projet 6680 lancéieren.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6680 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung huet ugefaangen. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss. De Projet ass mat 32 Jo-Stëmmen, 5 Nee-Stëmmen an 23 Abstentiounen ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6680 est adopté par 32 voix pour, 3 voix contre et 25 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Roger Negri), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Nancy Arendt), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) et Laurent Zeimet;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

► **Plusieurs voix.** - Jo.

► **D'autres voix.** - Neen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Hätt Der gär eng elektronesch Ofstëmmung?

(Négation)

Ech ginn dervun aus, dass mer d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote heimat hunn.

13. Ordre du jour (suite)

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt lech proposéieren, dass mer mat den Diskussiounen iwwert déi zwee aner Projete weiderfuere. Well awer eng Rei vu Kolleegen offiziell Invitatiounen hu vum däitsche Bundespräsident, géif ech lech proposéieren, net méi den Owend driwwer ofzestëmmen, mä dat muer en début de séance ze maachen.

(Brouhaha)

Wann Der do dermat d'accord sidd, wär ech lech ganz dankbar.

Mä mir féieren d'Diskussiounen dann nach zum Schluss zu deenen zwee Projeten, wou d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht ginn ass. Dat ass fir d'Éischt de Projet...

(Interruption)

Mir kënnen dat nach zesummen ofmaachen. Mä mir stëmme jiddefalls muer iwwert déi Projeten of. Mir maachen dat d'un commun accord, fir jiddweree kënnen an d'Lag ze setzen, fir hei ze sinn.

De Projet 6668 ass d'Direktiv iwwert d'Besteuerung vun de Revenuen, déi duerch d'Spueren entstinn. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet déi honorabel Rapporteuse, d'Madame Joëlle Elvinger.

14. 6668 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 21 juin 2005 transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiement d'intérêts;
2) de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;
3) de la loi du 21 juin 2005 portant approbation des Accords conclus avec des territoires dépendants ou associés d'États membres de l'Union européenne relatifs à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP), *rapporteuse.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, de Projet de loi, iwwert deem ech lech op dëser Plaz de Rapport maachen, ass den 18. Mäerz 2014 vum Finanzminister déposéiert ginn. D'Chambre des Salariés huet de Gesetzesprojet de 24. Abrëll analyséiert. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 8. Mee ugeholl.

An der Sëtzung vun der Finanz- a Budgetskommission vum 27. Mee sinn ech zum Rapporteur vun dësem Gesetzesprojet bestëmmt ginn. De Statsrot huet du säin Avis den 3. Juni finaliséiert an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Avis de 4. Juni festgehalen. D'Chambre des Métiers huet de proposéierte Gesetzestext den 11. Juni duerchgeholl.

Den 3. Juli huet d'Kommission eng Rei Amendementer ugeholl, déi de Statsrot den 11. Juli a sengem Avis complémentaire analyséiert huet. D'Kommission huet dësen Avis de 14. Oktober duerchgekuckt an den 21. Oktober de Rapport zum Gesetzesprojet ugeholl.

Här President, de Gesetzesprojet, deem de Mëtteg um Ordre du jour steet, reit sech an eng Linn vu Gesetzestexten an - oder scho vill méi den Owend -, déi et eise Land erlaben, seng Finanzplaz no de gängegen internationalen Normen opstellen an domadder ze konsolidéieren.

D'Stabilitéit an d'Prévisibilitéit si Markenzeechen vun eiser Finanzplaz, gradesou wéi hir juristesesch Sécherheet. Nëmmen d'Transparenz erlaabt et, d'Vertraue vun de wirtschaftlechen Akteuren ze gewannen an esou déi néideg Investissementen ze sécheren. Mir hu virdru schonn héieren, wéi wichteg en oppenen Émgang mat internationale Kriticken ass.

Beim Bankgeheimnis ass et net anescht. Schonn Enn vum leschte Joer huet eise Finanzminister senge Kolleegen matgedeelt, dass mir eis engem automateschen Informationsaustausch vu Bankendonnéen net verschléisse géifen. Wann d'Regierung wëssen, wat wou ausbezuelt gëtt, dann dréit dat dozou bäi, e sougenannten „level playing field“ ze schafen. Dat heescht, dass fir all Land déiselwecht Regele gëllen, an dat ass genau dat, wat mir och um internationalen Niveau wëllen.

De Projet de loi vun haut de Mëtteg beweist, dass Lëtzebuerg sech engagéiert huet, den automateschen Informationsaustausch weiderzedreien. Et geet hei ëm d'Afëiere vum automateschen Informationsaustausch iwwert d'Besteuerung vun Zënsrevenuen op Basis vun enger Direktiv vum Conseil, där sougenannter „directive épargne“ vum 3. Juni 2003. Hire Numm kennt doduerch, dass si virgesäit, dass Informatiounen iwwer Zënsszuelungen, déi bei Spuerproduiten ufalen, automatesch an obligatoresch weidergeleet ginn, dëst vun Instituter, déi zu Lëtzebuerg etabléiert sinn an esou Paiementer u Klienten tätegen, déi hire Wunnsätz an engem aneren europäesche Land hunn, also net zu Lëtzebuerg. Dëst erlaabt et, dass dës Leit esou besteiert ginn, wéi d'Gesetzter an hirem Residenzstat dat festhalen.

Fir et méi anschaulech duerstustellen, ginn ech lech e Beispill: Wann eng Persoun, déi an der Belsch hire Wunnsätz huet, e Kont zu Lëtzebuerg opmécht, fir hei hir Suen ze placéieren, da falen Zësen un. Um Stéchdatum ginn déi dann op de Kont iwwerweisen, ouni dass de belsche Stat dovunner direkt eppes matkritt. Also muss et net sinn, dass dëse Revenu onbedéngt nom belsche Recht besteiert gëtt. Vum 1. Januar 2015 u wäerten dës Informatiounen dem belsche Stat awer duerch d'Bank matgedeelt ginn, soudass d'Besteuerung virgeholl ka ginn.

Här President, d'Thema vun de Mëtteg ass e komplex an dofir géif ech gären e puer historesch Elementer opféieren, fir dëse Gesetzesprojet ze kontextualiséieren.

D'Gesetz vum 21. Juni 2005, wat mer heimat ofänneren, hat déi europäesch Direktiv vum 2003 - iwwert déi mer hei schwätzen - schonn ëmgasat, dunn allerdéngs ënner enger anerer Form. Wann déi meescht europäesch Länner den automateschen Informationsaustausch du schonn agefouert hunn, war et Éisträich, der Belsch a Lëtzebuerg erlaabt ginn, eng lwwergangsléisung op d'Been ze setzen.

Et handelt sech heibäi ëm déi sougenannten „Quellesteuer“, d'„retenue à la source“. Fir sécherstellen, dass déi bezuelten Zësen op déi eng oder déi aner Aart a Weis besteiert ginn, gouf dës Mechanismus agefouert, bei deem esou ee Revenu „un der Source“, dat heescht an deem Land, wou en ufält, besteiert gëtt.

Wann ech also zrëck op mäi Beispill kommen, goufen d'Zëse vum belschen Awunner direkt hei zu Lëtzebuerg besteiert, dat zu engem Taux, deem iwwert d'Zäit bis op 35% geklommen ass. D'Recettë vun dëser Zort vu Besteuerung sinn zu dräi Véirel an d'Land iwwerwise ginn, wou d'Residenz vun der Persoun war - a

mengem Beispill war dat d'Belsch -, an ee Véirel konnte mir selwer behalen zu Lëtzebuerg. Wéi gesot, et war ëmmer gewosst, dass dëst nëmmen eng lwwergangsléisung wier.

Elo wou d'Schwäiz awer och op de Wee gaangen ass vum automateschen Informationsaustausch, komme mir dem „level playing field“ méi no. An anere Wieder: Elo gëtt et d'Situatioun, wou jiddweree sech un déiselwecht Spillregelen hält. Mir kréien also eng Situatioun, wou kee Land sech en onfairen Avantage verschafé kann.

D'Aart a Weis, wéi a wéi eng Informatiounen genau ausgetosch ginn, ass an enger OCDE-Norm festgeluecht. Et handelt sech hei ëm déi sougenannten „Konventioun“. An deene leschte Joren ass dës Konventioun ëmmer méi ugewannt ginn, soudass se am Moment d'Basis ass, no där den Informationsaustausch oflaffe kann. Elo, wou kloer ass, dass jiddweree matmécht, a wou gewosst ass, dass mer ee gemeinsame Modell hunn, fir den automateschen Informationsaustausch duerchzuféieren, wäert den lwwergangsregime vun der Retenue à la source ewechfalen.

Här President, d'Afëieren zu Lëtzebuerg vum automateschen Informationsaustausch bei d'Zënsbezielungen op Spuerproduiten ass verbonne mat enger Rei Upassungen vun eisen nationalen Gesetzter. Ech ginn op dëser Plaz elo net op dës dach méi technesch Froen an, well de schréftleche Rapport dës Upassungen gutt zesummefasst. Wat mer méi wichteg erschénkt, ass, fir ze widderhuelen, dass dës Direktiv näischt un der Situatioun vu Leit ännert, déi hire Wunnsätz zu Lëtzebuerg hunn.

Här President, d'Ëmsätze vun der Directive épargne steet eise Land gutt zu Gesiicht a weist, dass Lëtzebuerg sech un international Standards hält.

Ech wëll dann och dem Finanzminister a senge Mataarbechter souwéi och dem Direkter vun der Steierverwaltung Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mam Parlament, awer och der Sekretärin vun der Finanzkommission, dem Caroline Guezennec, an eise Mataarbechter aus der Fraktioun Merci fir déi gutt Redaktioun vum Rapport.

A well mir de virleiende Gesetzestext gutt fannen a wierklech iwwerzeegt dovun sinn, bréngen ech dann och hei den Accord vun der liberaler Fraktioun zum virleienden Text.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci der Madame Elvinger. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Ech félicitéieren der Madame Elvinger fir hire schréftlechen a mündleche Rapport. Mir schafen eigentlech haut zu später Stunde d'Bankgeheimnis of fir Netrésidenten zu Lëtzebuerg, dat an engem Modèle de base, an där Ambiance, wéi mer se elo zu där méi spéider Stonn an der Chamber kennen.

Eigentlech gëtt d'Quellesteuer - wéi d'Madame Elvinger dat betount huet - duerch en automateschen Informationsaustausch tëschent Steierverwaltungen ersat. Dat bedeit fir e Belsch, deem e Spuerkont zu Lëtzebuerg huet, dass seng Zënserträg net méi zu 35% Quellesteuer besteiert ginn, wou mir nach 75% un d'Belsch iwwerweisen hätten - 25% konnte mer halen -, mä déi ginn elo reng no dem belsche Steuerrecht besteiert.

Folgend puer Remarques zu dësem Gesetzesprojet:

Éischstens emol geet dat hei jo zrëck op heroesch Diskussiounen op europäeschem Plang vun dem sougenannten „Sommet vu Feira“ 2000 a Portugal. An ech muss soen, dass déi sukzessiv Regierungen, egal wat fir eng politesch Couleur se haten, et fäerdegbruecht hunn, zu Lëtzebuerg dach eng iwwerméisseg laang lwwergangsphas ze schafen, wat awer am Interessi vun der Banken- a Finanzplaz et erlaabt huet, dass déi ganz Zeen sech konnt besonnesch um Niveau vun dem Private banking émoritéieren, a wat och vill Aarbechtsplazen erhalen huet an och eng ganz Rei vu Steierrechten.

Här President, den effektive Steierverloscht, dee mer als Land hei hunn, beleeft sech op 47 Milliounen Euro; esou gëtt en geschat. Jo, jo, als manner Recette, well, wéi gesot, de Stat net méi déi 25% kann zrëckhalen.

Laut enger Note vum Statec - an dat muss een awer och a Betrecht zéien -, déi de Statec den